
PROJET PLAN D'ÉTUDES 2025



# KONSULTATIOUNSPHAS

Bildungsberäich

## COLAB-WORKSHOP 3
## 'Kleng a grouss Iwwergäng an der Schoul'

21. a 26. Abrëll 2022 – EduPôle zu Walfer an online via Teams

**ANNEXE**

SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Curriculum
Division SCRIPT

## Impressum

© Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
Luxembourg

Auteur: SCRIPT – Division du développement du curriculum

Contact: **curriculum@script.lu**
**www.curriculum.lu** / **www.script.lu**

ISBN 978-99959-1-473-8

Editioun September 2022

# Inhaltsverzeechnes


**1** **Virwuert** ........ 4

**2** **Atelier A:** Iwwergang an eng Schoul ........ 5

2.1 Wat leeft gutt fir d’Transitiounen ze erliichteren? ........ 5

2.2 Wat sinn d’Erausfuerderungen? ........ 11

2.3 Wat brauch d’Kand fir d’Iwwergäng beschtméiglech ze erliewen? ........ 15

2.4 Wat sinn fir lech déi wichtegst Aussoen / Gespréichspunkten aus der Diskussioun? (Déi 3 Froen zesummegeholl) ........ 18

**3** **Atelier B:** Iwwergäng wärend dem Fondamental ........ 19

3.1 Wat gutt ass ........ 22

3.2 Wat muss verbessert ginn ........ 23

**4** **Atelier C & D:** Iwwergang an de Secondaire ........ 30

4.1 Passage EF → ES: Wou sti mer elo? Wéi ass et elo? ........ 30

4.2 Léisungsusäz: Wéi kommen mir dohin? Wat sinn d’Besoinen? ........ 40

**5** **Fotogalerie** ........ 42

**6** **Ausbléck** ........ 50

# 1. Virwuert

An dëser Annexe ginn déi gesammelt Stéchwierder a Fotoen aus all den Ateliere vum drëtte Co-Lab-Workshop fir de Bildungsberäich, ‘Kleng a grouss Iwwergäng an der Schoul’, opgelëscht. D’Zil vun dëser Annexe ass et, den Inhalt aus den Ateliere méiglechst neutral erëmzeginn, fir eng Trace vum ursprénglechen Input ze halen. Am Haaptdokument vum Rapport, deen Dir op **www.curriculum.lu** kënnt agesinn, huet d’Divisioun fir Curriculumsentwécklung vum SCRIPT eng Regroupéierung an e Choix fir eng bestëmmten Andeelung getraff. Wann Dir um generellen Inhalt vun den Diskussiounen interesséiert sidd, recommandéiere mir lech, de Rapport ze consultéieren an dës Annexe als Complément ze gesinn. [1] Am CoLab, deen en présentiel zu Walfer stattfonnt hutt, hunn d’Mataarbechter aus der Divisioun fir Curriculumsentwécklung d’Atelieren moderéiert a mat den Outile vun der Moderatioun geschafft (Flipchart, Post-its, Notetaker vun der Divisioun etc.). Am Online-CoLab goufen d’Participanten a ‘Breakout-Rooms’ geschéckt, wou si mat engem Worddokument a vill manner kadréiert diskutéiert hunn. Si hu selwer d’Roll vum Notetaker ënner sech misse verginn. An dëser Annexe sinn d’Rapporten an d’Notizen aus béiden Evenementer ënnerhalb vun den Atelieren zesummegeluecht ginn an eng éischt grob theematesch Sortéierung gouf virgeholl.

Mir wënschen lech eng interessant Lecture vu béiden Dokumenter!
D’Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

Curriculum
Division SCRIPT

1 D’Stéchwierder an dëser Annexe goufe quasi 1 zu 1 vun de Participanten iwwerholl. Feeler goufe net weider kontrolléiert.

# 2. Atelier A: Iwwergang an eng Schoul

## 2.1. Wat leeft gutt fir d'Transitiounen ze erliichteren?

### AUS DER PERSPEKTIV VUM KAND

### Vum Iwwergang an de Cycle 1

***Pre-rentrée, Sécherheet a Bekanntes***

- Wann d'Kand einfach an der Schoul ofgi gëtt ass et net gutt. Et ass extrem wichteg dass eng Pre-Rentree existéiert, fir den Iwwergang ze vereinfachen.
- C1 'Early check-in', wou d'Elteren mat de Kanner kënnen mat an d'Schoul kommen, an d'Joffer an d'Klass kënnen e bësse kenneléieren.
- Et koum vill positive Feedback vun den Elteren. Dësen éischte Kontakt gëtt dann och schonn heiansdo am Summer gemaach, wat d'Kanner an d'Elteren berouegt. Ganz positive Feedback vun den Elteren. Et hëllt dem Kand den Drock ewech, a léisst him Virfreed.
- Um éischte Schouldag (Précoce oder C1.1), ass net méi alles sou komplett ongewinnt wéi et fréier emol war. Den éischte Kontakt mat der Schoul leeft fir d'Kand besser of. Och aus der Siicht vum Schoulpersonal.
- Et ass méi einfach, well d'Kanner och a jonke Joren manner doheem sinn, also kënnt d'Transitioun vill manner als Schock. Fir d'Kand ass d'Transitioun méi einfach, mee ausserhalb vum Iwwergangskontext, ass dëse Fait bedenklech.
- De Schock bleift bestoen, kënnt just méi fréi an an engem anere Kontext. Deen eenzegen, deen de Virdeel huet, ass den Enseignant.
- Fir d'Kand ass den éischte Schouldag schéin, well et de Schock hannert sech huet. Et sinn ëmmer Kanner déi fäertereg sinn, mee et muss kee Schock sinn, wa si virbereet ginn.
- Och Kanner, déi net an enger Crèche waren, kënnen dat gutt verkraaften. D'Fremdbetreiung ass haut méi selbstverständlech.
- D'Prerentrée mécht et fir d'Leierpersonal méi einfach en éischte Kontakt mat den Elteren ze kreien.
- D'Prerentrée: Zäit fir mat den Elteren ze schwätzen, Elteren kënnen hir Suergen direkt ofleeën. Informatiounen, déi sollen diskret behandelt ginn, kënnen 1 zu 1 beschwat ginn.
- Flott fir d'Elteren fir eng nei Léierpersoun kennenzeléieren, déi ganz nei an engem Gebäi ufänkt ze schaffen.
- Allgemeng gëtt d'Prerentrée vun den Enseignanten als immens positiv wouergeholl.
- Fir den Iwwergang vum Précoce an d'Spillschoul gouf en Dag organiséiert, bei deem all d'Kanner sech eng Kéier gesinn hunn, d'Léierpersonal kennegeléiert hunn an och all d'Klassesäll gesinn hunn.

***Best practice 'Klassenopdeelung'***

- Et gëtt mat Fokus op déi sozial Zesummestellung gekuckt, dass d'Klassen ausbalancéiert sinn. Wa Konfliktpotential an der Klass besteet, ginn d'Kanner ausernee geholl. Wann si awer gutt eens ginn, solle si och kënnen zesummebleiwen.
- Heizou gëtt et ganz intensiven Austausch, wou och Leit aus dem Précoce gefrot ginn. Et geet drëm Kanner auserneen ze huelen, wou wierklech Konfliktpotenzial besteet, net onbedéngt déi, déi Topegkeete matenee maachen.
- Am C1: Schüler, déi ganz nei bäikommen (net aus dem Précoce an den C1.1 ginn) gi gezunn. De Précoce setzt sech zesummen fir ze kucken, wéi d'Klassen zesummegesat ginn.

## Vum Cycle 1 op de Cycle 2

***Motivatioun***

- Virfreed bei C1- an C4-Kanner op dat, wat no der Transitioun kënnt: freedeg Erwaardung fir weiderzekommen.
- D'Motivatioun vum Kand erhalen vun C1 op C2.
- Et déngt och näischt op d'Kand ze pochen, dass et soll wësse firwat et léiert, d'Motivatioun ass ganz wichteg. Wann de Programm awer vill ze schwéier ass, klappt näischt.
- Et ass net um Kand an der Grondschoul ze décidéieren, ob et eppes soll léieren oder net. Bei méi grousse Kanner ass dat anescht. Et soll een differenzéieren. Et ass och um Professionellen et esou eriwwer ze bréngen, dass d'Kand wëll a kann.

***Sécherheet a Bekanntes***

- D'Kanner kennen d'Kanner aus anere Klassen.
- D'Kanner kennen d'Léierpersonal.
- Eng gutt Bezéiung zum Kand opbauen, fir dem Kand eng Sécherheet ze ginn.
- A verschiddene Schoulen gëtt vill cyclesiwwergräifend geschafft. Et ass flott, wann verschidde Cyclesklassen esou nieftenee leien, dass et ee fléissenden Iwwergang ka sinn.
- Journée Portes Ouvertes (*) [2]
- D'Porte Ouverte ass flott an der Schoul, fir dass d'Elteren an d'Schüler kënnen zesummen eragoen.
- Bei enger Porte ouverte ass et gutt, wann d'Elteren och d'IEBS, d'Educateuren/-tricen, schonn eng Kéier gesinn.
- Maison Relais: Et entlaascht Elteren a Kanner, wann si hir Éducateuren schonn am Viraus eng Kéier kenneléieren.

---

2 A verschiddenen Atelieren huet d'Moderatioun de Participanten d'Zousazaufgab ginn fir mat Punkten ze kennzeechnen, wat fir si wichteg Aussoen sinn. Dowéinst wäert Dir als Lieser vun dëser Annexe plazeweis Stäerercher bei den Aussoe (***) gesinn, déi op d'Gewiichtung vun der Ausso hiweise sollen. Aner Atelieren hunn dëst net gemaach.

- D'Schoulkanner aus dem C1 kënnen dräi Nomëtteger an den C2 kucke goen an den Nomëtteg esou materliewen.
- D'Ofschlossfeier zum Schluss vum Joer fir Äddi ze soen: d'Elteren léieren och do déi nei Joffer/ Schoulmeeschter kennen, kréien do d'Envelopp mat den Informatiounen, wat si sollen fir d'neit Schouljoer akafen goen. D'Ofschlossfest fir d'Elteren, d'Kanner an d'Joffer a fir nei Kanner ze begréissen.
- Vertrauen, Ritualer, Struktur, Adaptatiounsphas.
- Verschidde Kanner gesinn hir nei Klass schonn am Juli, esou datt d'Kanner berouegt kënnen an d'Summervakanz goen.
- Och Kanner mat engem 'Rallongement de Cycle' gesinn hir nei Klass schonn um Schluss vum Joer.

***Best practice Klassenopdeelung***

- Beim Iwwergang an den C2 gëtt gekuckt, dass all Kand ka bei engem Frënd bleiwen ; 'Équilibréiert' Klassen, sozial Bezéiungen. (*)
- Opdeelung vun de Klassen no all Cycle fir al Konstellatiounen nei ze arrangéieren: Gruppenopstellung no Schüler mat Verhalens- a Léieropfällegkeeten (no ganz bestëmmte Krittären). Allgemeng fällt op, datt d'Kanner do immens positiv Erfarunge maachen. D'Kanner léieren vill nei Leit kennen.
- Sozial Bezéiungen hunn e positiven Afloss.
- Am C2-C4: Kanner ginn no Krittären opgedeelt an dann an enger Versammlung op Klasse verdeelt, datt an all Klass verhaalensopfälleg Schüler sinn, Schüler mat Léierschwieregkeeten, Inklusiounsschüler...

***Kommunikatioun a Kanner à besoins spécifiques***

- Bei Kanner mat Besoins spécifiques ass et wichteg fir de Schüler schonn esou fréi wéi méiglech (schonn am Summer) d'Inconnuen duerch Austausch ofzeschafen. Vereenzelt Schüler wëllen et awer eréischt méi spéit wëssen, an et ass wichteg dass ee sech dësem Besoin upasst. Wichteg ass et och fir bei der Porte Ouverte ze wëssen, wéi eng méiglech Changementer musse gemaach ginn, z.B. fir Kanner mat Autismus, wat spezifesch Besoinë par Rapport zum Sall sinn, etc... Et brauch schonn e fréie Kontakt, fréi Visiten. Och wärend Covid-Zäite konnten ganz vill Visitë gemaach ginn. Kommunikatioun ass ganz wichteg. D'Proffen am Lycée hunn immens vill Schüler, et ass also immens, wa si sech d'Zäit kënnen huelen, an sech och effektiv Zäit huelen fir d'Arrivée vum Kand mat spezifesche Besoine virzebereeden.
- 'Aide Humaine' ass wichteg, mee d'Hëllefsstellung soll net persounorientéiert sinn, d'Ëmfeld soll funktionéieren. "Le Systeme rend dépendant la personne à l'aide humaine". D'Autistesch Persoun muss de System verstoen, d'Ressourcen an sech huelen. Den System muss sech net op dëst Kand zentréieren. D'Kand muss wëssen, dass den Enseignant (onofhängeg vun der spezifescher Persoun, Enseignant(e) a oder Enseignant(e) B, etc...), déi Persoun ass, un déi et sech muss wenden.

- D'Kand ka sech entfalen. Wat d'Kand méi al gëtt, wat d'Leeschtung awer méi an de Mëttelpunkt rutscht.
- Autismus ass ee vun de schwieregsten Integratiounszenarien. Verschidde Schüler wëlle an d'neurotypesch Educatioun, aner Kanner wëllen léiwer an d'Centres de Compétences.
- D'Elteren brauche méi Hëllef. Guidance Parentale ass wichteg. Zesummenaarbecht vun allen Acteuren.

***Austausch tëscht dem Léierpersonal C1/C2***

- Austausch tëschent C1 & C2 net ëmmer intensiv genuch. Wat sinn d'Erwaardungen? Wat sinn d'Ausgangspunkten?

***Virbereedung C1 op C2 an Aussagekräftegkeet vum Plan d'études***

- Krittären fir den Iwwergang C1 → C2 am Plan d'études net 'aussagekräfteg'. (**)
- Wéini ass ee Kand "prett" fir an den C2? → Emotional/sozial Kompetenz vs. schoulesch Leeschtung.

***Vergläichbarkeet***

- All Enseignant schafft anescht.
- Inhalter sinn national ofgestëmmt, Kand ka ± einfach schoulesch uknäppen.
- Bilanen am C1 gutt, well ee schreiwe muss. Méi opschlossräich wéi Kreepercher.
- Wat ass dann elo wichteg am C2? Op 7e?

***Virbereedung op de Secondaire***

- Dans certains lycées: demande d'être dans la même classe qu'un camarade.
- Orika als éischten Androck, wat d'Kanner am Lycée herno erwaart.
- Travailler de façon indépendante; Cycle 4 → Lycée.
- Prerentrée op 7e: Sou hunn d'Klassen d'Méiglechkeet verschidde Servicer kennen ze léieren.
- Besuch an enger 7e Klass → 'Schnupperkuer'.
- Tutorat

## AUS DER PERSPEKTIV VUM SCHOULPERSONAL

***Schaffen an der Equipe***

- Équipes pédagogiques → méi Uspriechpartner
- Wat ass d'Definitioun vun Équipe pédagogique?
  - > Schwéier ze soen, hänkt vu Grondschoul zu Grondschoul of, kann e Cycle sinn, etc…
  - > Éducateurs, IEBS, etc… zielen hei och dozou
  - > Jiddereen, dee mat dem Kand schafft.
  - > Am Cycle selwer ass dat de ganze Cycle, mee och extern Acteuren, déi do mat erakommen.
  - > Eng Konstant gëtt och dem Kand eng Sécherheet. Grad fir Kanner mat spezifesche Besoine, déi eng Bezuchspersoun brauchen.
  - > Et muss ee sech intern an extern ressourcéieren. Dofir soll et och eng Équipe pédagogique sinn, net en eenzelen Enseignant. Et ass stäerkend, wann ee weess, dass een Hëllef kritt, wann een se ufreet.
  - > IEBS test Kanner mat Schwieregkeeten, esou dass et méiglech ass, méiglechst gläichstaark Klassen ze kreéieren.
- IEBS sinn eng grouss Hëllef.
- Appui
- Cellule d'Orientation, déi sech gutt auskennt.
- Wann een déi mat an de Bilan huele kann.
- Zousätzlech Ressourcen
- Grondsätzlech ass d'Léierpersonal gewëllt a motivéiert, fir d'Kanner bei den Iwwergäng ze ënnerstëtzen an hinnen Zäit ze ginn, „unzekommen".
- Feedback um Enn vun engem Trimester.
- D'Kanner komme mat Lacunen.

***Kommunikatioun tëscht EF an ES***

- Zweemol am Joer per Teams en Austausch hunn.

## AUS DER PERSPEKTIV VUN DEN ELTEREN AN ERZÉIUNGSBERECHTEGTEN

***Elterepartizipatioun***

- Méi Matsproocherecht
- D'Elteren sinn och interesséiert un den Iwwergäng.
- D'Eltere méi responsabiliséieren (*)
- Choix des options souvent mal expliqué et / ou compris.
- D'Elteren sinn oft net do a ginn oft erausgeholl aus der Responsabilitéit.

***Interaktioun Elteren an Léierpersonal an edukatiivt a psychosoziaalt Personal***

- D'Léierpersonal ass prinzipiell à l'écoute vis-à-vis vun den Elteren, huet Empathie, Wann Visiten asw. stattfannen tëschent Elteren a Léierpersonal, deelweis och da scho mam Kand, gëtt dat extrem positiv vun den Elteren opgeholl.
- Aner Problemer huele den Elteren hir ganz Energie → Bereetschaft muss do sinn, Hëllef unzehuelen → zu all Zäitpunkt. Verschidden Elteren dinn sech schwéier fir no Hëllef ze froen, wëssen net wou si sech solle Wenden, oder wëlle sech keng Bléist ginn.
- D'Elteren hunn aner Aarbechtsstonnen, dat ass eng Realitéit, si hunn en aneren Horaire wéi d'Enseignanten.
- D'Enseignanten si méi disponibel wéi fréier (am Secondaire sinn d'Klassen ze grouss dofir).
- Ass bësse méi schwiereg bei de Kompetenzzentren. (Elteren hunn net esou vill Kontakt, do ass dann wichteg datt d' Léierpersonal matschafft.).
- Responsabilitéit läit bei den Eltere selwer. Mir gebrauchen d'Schoolfox App (ähnlech wéi WhatsApp) fir mat den Elteren ze kommunizéieren. Wann do kee Feedback kënnt, sichen ech anescht Kontakt!
- Oft feelen dann och déi Elteren, bei deenen et besonnesch wichteg wier, dass si dobäi sinn.
- Usiicht/Uspréch vun den Elteren net ëmmer kohärent mam Enseignant/Équipe pédagogique.
- Et ass ofhängeg vun der Schoul. Oppe Schoul: d'Elteren sollen net zu egal wéi engen Zäite erakommen, mee sollen op RDV kënnen erakommen.
- "Meet and greet Eltereversammlung" mat den Elteren organiséieren, bei deenen all d'Klassen aus engem Cycle sech treffen, gemeinsam och mat den Elteren fir e gemittlecht Gespréich.

## 2.2. Wat sinn d'Erausfuerderungen?

### AUS DER PERSPEKTIV VUM KAND

***Drock an den individuelle Rhythmus vum Kand***

- Iwwerfuerderung an Drock
- Notioun vum Effort
- De Programm dierf am Idealfall net Drock op d'Kand maachen. Am Hannerkapp muss een halen, dass d'Kand, d'Persoun, eng wichteg Roll spillt.
- Iwwergang an de Lycée mat den Épreuven: Weiderhin vill Stress, well vill Virbereedungen dofir gemaach ginn, et zitt sech iwwer eng laang Zäit, Versoensangscht, Drock vun doheem.
- Verschidden Niveauen a Besoinen. Dobäi mussen och anere Kanner hir Besoinen berücksichtegt ginn. D'Kanner sinn all an hirer Welt a musse kënnen an hirem jeeweilege beschten Environnement léieren, ouni dovu gestéiert ze ginn, dass grad engem anere senge Besoine nogaange gëtt. Et kann ee Konsequenzen setzen.
- D'Kand soll esou geholl ginn, wéi et ass. Et muss verstan ginn, wéi et ass. Et kann net all Kand an eng Norm gesat ginn.
- De System funktionéiert net, well en drop kalibréiert ass, dass d'Kanner sech all d'selwecht verhalen, sëtze bleiwen, léieren, verhalen...

***Transitiounserfarungen vun Primo arrivants a Kanner mat Besoins spécifiques***

- Als Primo Arrivant ass et fir e Kand eng risen Erausfuerderung fir an eng Klass ze kommen, an där een d'Schoulsprooch net beherrscht.
- D'Elteren vu Kanner mat 'Besoins spécifiques' hunn esou vill Erfarung vun negativem Feedback vun Aussestoenden. Et gëtt méi positive Feedback gebraucht. Si wësse wéi hiert Kand ass, a ka sinn. Doheem hunn d'Elteren aner Prioritéiten. Wat an de Schoulen funktionéiert, brauch Zäit fir doheem ëmgesat ze ginn. Doheem gëtt et och aner Kommunikatiounsmethoden. Et soll haaptsächlech an der Schoul funktionéieren, d'Elteren kënne probéieren doheem Saachen ëmzesetzen (de Kader spillt mat).
- Integratioun ass gutt a wichteg, mee leeft oft am prakteschen net gutt, well Enseignanten virun e Fait Accompli gesat ginn a keng Ënnerstëtzung kréien. Aus der Perspektiv vun de Kanner gekuckt, ginn d'Kanner besonnesch am C1 gutt eens mat Ënnerscheeder. Am Alldag vun all den Intervenante si vill verschidden Acteuren, déi ënnerschiddlech schaffen oder déi kuerzfristeg mussen asprangen. Integratioun muss och Moyenen zur Integratioun hunn. Ab wéi engem Punkt geet de System vun der Integratioun zu Laaschten vum Kand?

***Neit Ëmfeld mat neie Viraussetzungen***

- Ganz neien Entourage
- D'Transitioun vun C1 op C2: vu Beweegungsfräiheet am C1 op laangt Sëtzen am C2.
- Adaptatioun un en neie Rhythmus (EF → ESC/ESG).
- Organisatioun/Léiere léieren/Methodentraining/Selbststännegkeet.
- Ganz nei Erwaardungen un d'Kand z. B. Selbststännechkeet.

***Unterrechtsmethoden***

- Frontalunterricht (verpönt awer bei risege Klassen net anescht méiglech).
- Kompetenzorientéierten Unterrecht a Punkten.
- Evaluatioun

## AUS DER PERSPEKTIV VUM SCHOULPERSONAL

***Drock, Differenzéierung an Erwaardungen un den Enseignant***

- Et weess een net wou ufänken, Iwwerfuerderung.
- Drock vum Programm an aneren Acteuren → Zäitmangel, Manktem un Energie → sech ressourcéieren (extern awer och intern).
- D'Enseignante kréien net gär gesot "Dir kënnt", well esouvill Drock um Enseignant ass, fir esou ville verschiddene Kanner gerecht ze ginn. Et kritt een gutt gemengte Rotschléi, mee den Enseignant gëtt oft ze vill alleng responsabiliséiert. D'Elteren spillen och eng Roll, och mat den Hausaufgaben.
- Drock well ee weess, dass verschidde Saache sëtze mussen.
- Vill verschidden Niveauen.
- Vill verschidde Programmer fir verschidde Kanner.
- Inklusiounsgedanken ass eng risegrouss Erausfuerderung fir de Schoulalldag.
- Den heterogene Gruppen gerecht ginn, ouni déi néideg Ressourcen.
- Kanner, déi an den nächste Cycle geschéckt ginn awer den Niveau vum Cycle net areecht hunn.
- Et sinn Direktiounen, déi soen, dass zevill Allongementer ausgeschwat ginn, esou datt Enseignanten just déi Schüler rallongéiere loossen, bei deenen et e Wäert huet. Déi ganz schwaach gi weidergeschéckt, well bei hinnen dovun ausgaange gëtt, datt bei hinnen näischt méi méiglech ass.
- Primo-arrivants stellen eng Erausfuerderung fir de pädagogeschen Alldag duer, Stonnepläng vu ville Klasse ginn deemno wéi ganz op d'Kopp gehäit. Et brauch ee vill Flexibilitéit. Déi komplett Responsabilitéit läit beim Titulaire de classe.
- Vill va et vient an der Klass.

***Unterrechtsmethoden an Erugehensweisen un d'Léieren***

- D'Kanner froen am Ufank no Hausaufgaben fir mat heem ze huelen, fir den Elteren ze weisen, mee spéitstens no der 3. Hausaufgab, wëllen d'Kanner keng méi.
- Eng gutt Basis vermëttelen → Plan d'études méi cadréieren.
- Épreuve just nach als Preuve fir d'Aarbecht aus den zwee Jore virdrun ze ënnermaueren.

***D'Klassenopdeelung***

- Wa Klassen opgedeelt ginn, wéi mécht een dat am beschten?
- Lëscht mat Kriterien: Verhalensopfällegkeeten, Léierschwieregkeeten, Kanner, déi net matenee kënnen, Sproochbarrière (primo-arrivants).

***Austauschmomenter bei Transitiounen***

- Mangelhaft Kommunikatioun tëscht Primaire a Secondaire.
- Logistik: Mat dem Enseignant aus dem Fondamental a Secondaire Austauschtreffen mat de Klassen organiséieren.
- Ass net iwwerall sou, dass een op oppen Dieren stéisst. Den Austausch fënnt net ëmmer statt.
- Et muss ee sech Austauschmomenter ginn.
- Austausch tëscht dem aktuellen an dem neien Enseignant, Bilan: → Iwwerbléck iwwer d'Kompetenze vum Kand.
- Informatiounen ginn an engem richtege Kader z. B. an der Concertatioun. Gutt Erfahrungen, déi uechtert Land gema gi festhalen: z. B. D'Logopédie gëtt Informatiounen an der Cyclesconcertatioun.
- Den Austausch ënnert de Cyclen net als Bewäertung betruechten, 'op Aanhéicht' schwätzen an mat Bléck op d'Kompetenzen vum Kand.

## AUS DER PERSPEKTIV VUN DEN ELTEREN AN ERZÉIUNGSBERECHTEGTEN

***Transparenz vum Schoulsystem***

- Elteren kenne sech net méi aus am Schoulsystem.
- Den Elteren de Plan d'études erklären.
- Iwwergang mat engem Médiateur → Angscht, dass Saachen falsch vermëttelt ginn, dass eng eege Meenung mat erabruecht gëtt.

- Et ass wichteg d'Elteren ze berouegen z.B. ass bei den Elteren beim éischte Kand méi Onsécherheet do.
- Am Fondamental A B C D-System an am Lycée Notten.

***D'Erwaardungen vun den Elteren***

- D'Erwaardungen vun den Elteren ginn net erfëllt (well se vläicht net realistesch sinn), weder déi un d'Schoul nach déi hir Kanner betreffend. D'Exigenzen vun den Elteren sinn héisch.
- D'Kand "lass loossen" fir et fit ze maachen fir an der Gesellschaft zerechtzekommen.
- Aushalen, wann dat eegent Kand seng Hausaufgaben net gemaach huet
- D'Épreuven kréien zevill Bedeitung bäigemooss vun den Elteren, wat Drock bei de Kanner verursaacht.

***Elterepartizipatioun***

- Matsproocherecht vun den Elteren.
- Iwwerfuerderung bei Elteren, déi déi offiziell Sproochen net verstinn → Médiateur.
- Elteren 'bestëmmen' wou d'Kanner herno higinn, oft zum Nodeel vun de Kanner. Léierpersonal léist d'Kanner dann dohi goen, wou d'Eltere wëllen, well déi Diskussiounen als auswegslos ugesi ginn.
- Ganz grouss Klassen am Secondaire, dowéinst schwiereg fir mat allen Elteren ze kommunizéieren.
- Sinn d'Kanner méi grouss, ass de Feedback vun den Elteren net ëmmer ganz aktiv.
- D'Motivatioun bei den Elteren vun de Jugendlechen ass net ëmmer esou evident: d'Motivatioun fir sech aktiv mat anzebréngen fir säi Kand ze ënnerstëtzen, an dësem Fall dann bei den Iwwergäng. Verschiddener sinn ebe net motivéiert, fir hire Kanner dobäi ze hëllefen a gesinn vläicht och keng Noutwennegkeet. Si kommen och deelweis aus anere Kulturen a verschiddene soziale Schichten, wou et net esou üblech ass, seng Kanner am schouleschen ze ënnerstëtzen rsp. deelweis kënnen si dat och net leeschten, well se entweder voll schaffen oder eng Sproochebarrière hunn. Et kéint ee keng Elteren zwéngen, aktiv matzewierken, dass d'Kand d'Iwwergäng gutt iwwersteet.

***Schoul a Betréiungsstrukturen***

Strukturen (Foyer, Crèche,…).

## AUS DER PERSPEKTIV VU WEIDEREN ACTEUREN A VARIABELEN

***Zesummenaarbecht***

- Zesummenaarbecht vun all den Acteuren (Enseignant, Kand, Elteren, aner Acteuren) (***).
- Et ass wichteg fix Plagen fir d'Iwwergäng virzegesinn, och mat deene verschiddene Kompetenzzentren, sou datt een och bindend Informatiounen kritt.
- Volet Programmkommissiounen: De Cycle inférieur muss op den C4 ofgestëmmt ginn an ëmgedréint ("de roude Fuedem") => fir ee fléissenden Iwwergang.

***Zäit fir d'Transitioun an d'Orientatioun***

- Et ass schwiereg Zäit ze fannen, well den 'Horaire et Programme' ze erfëllen ass.
- Et wier flott, wa landeswäit eng Orientatiounswoch wier, wou een sech heifir d'Zäit kinnt huelen.
- Tutorat, wou Zäit fir Begleedung virgesinn ass.
- Zäit bleift déi grouss Erausfuederung! Dass een sech d'Zäit huele kann fir den Iwwergang a Rou kënnen unzegoen.
- Zäit → Kontakt ophuelen, erklären, virbereeden (Innerhalb vum Joer → Schoul – Schouliwwergang).

***Raum hunn***

- D'Gemeng, déi d'Raimlechkeeten zur Verfügung stelle muss.

## 2.3. Wat brauch d'Kand fir d'Iwwergäng beschtméiglech ze erliewen?

## AUS DER PERSPEKTIV VUM KAND

***Zesummenaarbecht a Kontinuitéit am System***

- En Austausch tëscht den Intervenanten vun de groussen Transitiounsmomenter: C1 → C2 an 4.2 → Secondaire.
- Eng Kontinuitéit tëscht den Iwwergäng an eng gutt Kommunikatioun tëscht den Akteuren um Terrain.
- Des Kontinuitéit ass net ginn vum Fondamental an de Secondaire (Ausnahm préparatoire (do ass d'office een Austausch tëscht dem Enseignant aus dem Fondamental an dem Régent am Secondaire).
- Wei gëtt den neie Franséischprogramm vum Fondamental am Secondaire weidergefouert/ausgebaut/ugepasst?

***Sécherheet a Bekanntes***

- Eng Bezuchspersoun (Vertrauenspersoun) fir den Iwwergang ze erméiglechen => fir dem Kand e séchert Gefill ze ginn.
- Ritualer
- D'Kand brauch Ënnerstëtzung vun doheem an Ënnerstëtzung an der Schoul.
- Kanner brauchen d'Begleedung vun hire Referenzpersounen.
- D'Bewosstsin, dass een eppes léiere kann.

***Zäitpunkt vun der Transitioun***

- E 'redoublement' vun enger Klass (2.1, 3.1, 4.1) mécht munchmol Sënn fir d'Basis ze garantéieren.

## AUS DER PERSPEKTIV VUM SCHOULPERSONAL
(Wéi kann d'Schoulpersonal dofir suergen, dass d'Kand...)

***D'Tâche vum Enseignant***

- Den Titulaire muss säi Roll iwwerhuelen. Et ass schwiereg bei Leit, déi net esou oft präsent sinn, a wou nach keng esou grouss Vertrauensbasis do ass.
- Evtl. Hospitatiounen ënnert de Cyclen erméiglechen fir mol kucken ze goen, wat 'virdrun' oder 'duerno' geschitt (Cyclen, ES).

***Erugehensweisen un d'Léieren***

- Léieren vu méi groussen Klassen, Zesummeschaffen mat aneren: Hei gouf a Fro gestallt, ob ee wierklech misst a „klassesche" Klasse schaffen oder ob een de Klassesall net kéint opmaachen an d'Kanner zesummen a matenee schaffe loossen. Méi „grouss" Klassen mengt hei Klassen, déi 1 oder 2 Cyclen méi wäit sinn ewéi ee selwer. Also dass déi Kleng vun deene Groussen léieren.
- Enseignanten aus der Schoul, déi en Austausch hunn an zesummeschaffen.
- Porte ouverte
- Austausch tëscht Fondamental a Secondaire
- Ännerung vun der Evaluatioun vu Fondamental op Secondaire: Egal wéi bewäert gëtt, sief et Kompetenzen oder streng no Punkten, et gëtt ëmmer gezielt, wou een ee Schüler herno astuft. Eng Zuel kann dem Schüler weisen, wou en drun ass an ass méi gräifbar wéi Kräizer.
- Cycle-iwwergräifende Fil rouge
- Cycleiwwergräiffend schaffen (***)
- Et wier flott, wann net iwwerall esou vill Matière misst gemaach ginn.

- Am C1 ass manner Programm, wat ee méi héisch erop kënnt, wat de Programm och fir d'Léierpersonal méi Gewiicht hëllt.
- D'Bilanen sinn immens frustréierend, well net nuancéiert. Et ass immens schwiereg ze wëssen, wou ee säi Kräiz sëtzt, beim Enseignant stellt sech eng Frustratioun an.
- Konstruktiv Kritik

## AUS DER PERSPEKTIV VUN DEN ELTEREN AN DEN ERZÉIUNGSBERECHTEGTEN

(Wat brauch et vun den Elteren an Erzéiungsberechtegten, fir dass ...)

***D'Tâche vun den Elteren***

- D'Elteren mussen hir Roll iwwerhuelen.
- D'Präsenz vun den Elteren
- Keen Drock vun doheem
- Dialog fir Angscht a Stress ze huelen.
- Besteeënd Offeren wouer huelen (Porte ouverten am Fondamental a Lycée)

## WEIDERES

***Zesummenaarbecht***

- Eng staark Équipe pédagogique gëtt gebraucht, net nëmmen staark Kanner.

***'Zäit' fir d'Transitioun an d'Orientatioun***

- Dem Iwwergang misst méi Zäit zoukommen, fir dass een Zäit hutt fir an den 'neien' Rhythmus eranzekommen.

***Raum a Ressourcen hunn***

- Ressourcë gerecht verdeelen an effizient asetzen → Schoul muss sech kënnen dem lokale Kontext upassen kënnen.
- Et feelt oft u Leit fir ze hëllefen. De ganze System ass vereelzt, an huet net d'Moyenen fir sech selwer an deene Bedeelegten gerecht ze ginn.

## 2.4. Wat sinn fir Iech déi wichtegst Aussoen / Gespréichspunkten aus der Diskussioun? (Déi 3 Froen zesummegeholl)

***Kommunikatioun***

- Regelméissegen Échange tëscht Fondamental a Secondaire (och dem Lycée de proximité)
- Kommunikatioun tëscht de Cyclen (Fondamental) a Lycéeën.

***Kontinuitéit***

- Upassung a Kontinuitéit vun de Programmer a Bewäertungssystemer (Fondamental vs. Secondaire).

***Zäit***

- Zäit (d'Motivatioun ass do, net iwwerméisseg administrativ Schrëtt abauen, wouduerch een dann awer d'Leit demotivéiert).

***Responsabilitéit an der Orientatioun***

- Épreuven als de 'gudde Wee' fir an de Lycée? Vill onnéidegen Drock a Stress bei de Kanner. Ass et gutt, dass d'Orientatioun vun den Elteren 'entscheet' gëtt. Et misst genuch Vertrauen dra bestoen, datt d'Équipe pédagogique déi sënnvollsten Entscheedung fir de Schüler trëfft. D'Direktioune musse Vertrauen an hiert Léierpersonal hunn. D'Enseignanten iwwerhuelen de Choix vun den Elteren, obwuel se wëssen, datt dat et net de beschte Choix fir d'Kand ass. Si ginn sech domat zefridden, well se negativ Erfarungen bei engem Recours op der Direktioun gemaach hunn.

***Rigueur, de roude Fuedem an d'Sënnhaftegkeet***

- D'Rigueur soll present sinn, wéi och e 'fil conducteur', deen sech duerch déi eenzel Schoulen zitt vun Ufank bis zum Schluss (= vum Ufank bis zum Schluss duerchduecht? Roude Fuedem. Logik, kloer Linnen, Transparenz, Nohaltegkeet, Kohärenz).
- Mir sinn do fir dem Kand de Sënn ze erklären, an d'Kand an der Klass matzehuelen, och wann et deen Dag keng Loscht huet. D'Kand soll d'Bildung kréien, déi fir hatt wichteg ass, an d'Kand ass oft nach ze kleng fir seng Chance esou wouer ze huelen, wéi en Erwuessenen se wouer hëlt. Et ass eng ganz grouss Verantwortung fir engem klenge Kand ze soen et soll selwer entscheeden ob et léiere wëll oder net, a wat der Wäert ass ze léieren.
- Et déngt och näischt zum Kand ze soen, dass et soll wësse firwat et léiert. D'Motivatioun ass ganz wichteg. Wann de Programm ze vill schwéier ass, klappt näischt.

***Erugehensweisen un d'Léieren***

- Verschidde Schüler si ganz visuell orientéiert, anerer méi auditiv. Et muss een och d'Kierpersprooch als Hëllefstellung huelen. Verschidde Kanner léieren anescht. Dëst muss och national wouergeholl ginn. An dëst kann een fir lauter verschidde Kanner uwenden: Flüchtlingen, Primo-arrivants, 'neurotypesch' Kanner an 'neuroatypesch' Kanner.
- Am Plaz de Mila visuell ze gebrauchen, kann een och mat Gesten schaffen, oder auditiv etc… jee no Besoin.

# 3. Atelier B – Iwwergäng wärend dem Fondamental

***Fondamental – Secondaire***

- D'Fuerderung no méi engem roude Fuedem vum Précoce bis an den Secondaire.
- Kanner sinn deelweis verluer an deene verschiddene Systemer.
- D'Erwaardungen vun de Lycéeën ginn net genuch un den EF kommunizéiert.
- Orientatioun: do feelt den Austausch: Wat erwaart sech de General/Classique. Produktiounen, wat si sech erwaarden.
- D'Kommunikatioun um Terrain muss allgemeng verbessert ginn.
- Mam Schüler/-in Visite gemaach, säi Wonsch berücksichtegt.
- Sprooch vun de Fächer virun allem Däitsch am Enseignement Fondamental a Franséisch am Enseignement Secondaire → Gleichberechtegung.
- Austausch iwwer Evaluatioun C4-ES: Erwaardungen, Critèren, Duerchschnëttsschüler.
- Hospitatiounen am C4 ↔ ES/G
  - > Erwaardungen vum ES/G : Grenzen (Beispiller vu Produktioune gewise kréien wat am Classique erwaart gëtt)
  - > Erwaardunge pro Lycée
- Fir de Lycée : Supposé connu → fir den Fondamental awer net.
- Aart a Weis: Grouss Differenzen tëscht Fondamental a Secondaire (Kompetenzen, Bilans, Notten).
- Duerch d'ganzt Land am C4 wëssen, wat d'Grenze sinn tëschent den Erwaardungen fir an de Classique a fir an de General.
- Conseil de classe 7e: Enseignant aus dem Fondamental mat invitéieren (iwwer Teams bspw. net nëmmen fir d'Kanner déi virum C4.2 an de Lycée geschéckt gi sinn).
- Numm vum Titulaire (C4) sollt bekannt sinn, esou datt direkt Kontakt kann opgeholl ginn.

- Et versicht een, si op villes virzebereeden, wat mir mengen, mee et feelt och do un Austausch a Wëssen (tëscht Secondaire a Fondamental).
- Punkten: Grousse Problem mat Punkten, wou een am Secondaire mol eng Datz huet an awer am Fondamental nach gutt war.
- Bewäertungsssytem : déi eng Kompetenzen , déi aner Punkten.
- Zwou Welten: C4 ass ee problemateschen Iwwergang vu kompetenzorientéiert op Punkten.
- Keng gutt Kommunikatioun tëscht dem Lycée an dem Fondamental.
- Ze wéineg Wëssen iwwer de Secondaire.
- Kontradiktoresch: Nëmmen eng Schoul beim ORIKA, d'Schoulfoire ass eng gutt Iddi.

***Iwwergäng fir Kanner mat Retard mental***

- Bedauert gouf, dass et kee Curriculum fir Kanner mat Retard mental gëtt.
- Autist stonneweis am C1 an C2.

***Kommunikatioun beim Iwwergang***

- Reprochen tëscht de verschiddene Sectiounen.
- Een optiméierten Informatiounsfloss soll d'Iwwergäng méi liicht maachen.
- Austausch no Klassenopdeelung mam C1; d'Enseignanten vum C1 mat den Enseignanten vum C2 iwwert SUS (*)
- Oft Reprochen: mir emfannen, dass scho mol oft beim Austausch tëscht de Cyclen verstoppte Reproche sinn, an do misst ee méi oppe sinn an zesummen no de „Feeler" sichen. Et soll dann zesummen geschafft ginn, fir dass manner Lächer tëscht de Cyclen sinn, a méi Bröcken dotëscht gebaut ginn.
- Et mengt een ëmmer, déi eng hätten dat ze maachen an awer dat ze mann gemaach asw.

***Best practice: 'Sech kenneléieren' a virbereeden op d'Transitioun***

- Et ginn schonn deelweis Saachen gemaach fir ob déi nächst Cyclen ze preparéieren
  - > Visiten an aner Klassen
  - > Visiten am Lycée
  - > Zesummenschaffe mat anere Klassen
  - > Kompetenzzenter: Begleedung am Lycée
  - > Intercycle schaffen
  - > Intercycle Concertatiounen
- Neie Cycle: ginn ob de Stack sech ukucken, wéi et ausgesäit (ass awer eng eemoleg an och kuerz Visite).
- D'Kanner kennen wuel e bëssi déi aner Jofferen an och d'Gebäi, mee awer och net all d'Jofferen.

- E Participant vum CoLab huet gutt Erfahrungen gemaach mat Kenneléieraktiounen tëscht C1 an C2: z. B. géigesäitegt Virstellen vu Portfolioen am Juni/Juli, d'Kanner aus dem C1 ginn ab Päischten an den C2 d'Lauttabell schreiwen, géigesäitege "Coaching", C1 geet op Besuch an den C2 an emgedréint (*).
- C1 an C2 bspw. schaffe mat de selweschten Kommunikatiouns-Outilen.
- Ee Mëtteg beim neien Enseignant verbréngen ➝ Kenneléieren schonn am Juli (och vum Gebai/ Sall).

***D'Zil vun dësen Aktiounen ass et d'Angscht virum 15. September ze huelen.***

- Austausch tëscht C2 an C3 huet et de Schüler erlaabt de Programm vum nächste Cycle schonn e bësse kennenzeléieren.
- Am Kader vun de Kenneléieraktiounen soll ënnerscheet ginn tëscht 'gemeinsamen Schoulaktivitéiten' a 'Kenneléieraktivitéiten'. Déi éischt si méi schoulesch an déi zweet hu méi ee soziale Charakter. Kenneléieraktiounen hëllefen besonnesch gutt géint d'Angscht. (**)
- Gemeinsam op een Ausfluch goen, gemeinsam Kolonie, zesummen an den Theater.
- Précoce-Kanner dierfen am Juli hir Klass fir September gesinn.
- WALDORFSCHOUL – Ritualer; Einschulung duerch ee BOU; "Ausschulung" idem.
- International school als Virbild ➝ 'school-buddy'.
- Gebaier mat gemëschten Cyclen 1+2; 3+4 dat leeft gutt.
- Lycée: ginn just deen noosten oder vlait nach en zweeten Lycée kucken , ass awer e ganzen Dag. Ass schonn eng méi grouss Hëllef ewéi am Fondamental.
- Proffen halen deelweis Coursen, an d'Kanner maachen och deelweis Atelieren mat, wat scho méi hëllefreich ass, ewéi am Fondamental.
- Erfahrungsbericht: an der International school gëtt et e School-buddy (e méi aalt Kand, wat no dem méi klengen kuckt: Cycle 3/4 mat Spillschoul, z. B. an awer och Fondamental mam Lycée). Dat funktionéiert wierklech gutt. An der International School sinn ganz vill Kanner, déi am Laf vum Joer kommen a ginn an et ass immens hëllefreich dann eng Bezuchspersoun ze hunn. Ass och virdeelhaft. dass et e Kand ass a keen Léierpersonal.

***Paus als Austauschméiglechkeet tëscht de Cyclen***

- An de Pause spillen d'Cyclen oft duercherneen. Anm.: „Awer net an alle Schoulen."
- Et ginn Argumenter fir gemëschte Pausen awer och dergéint.
- E verstäerkte Kontakt an der Paus tëscht C1 an C2 gëtt als förderlech ugesinn.
- Tëscht C1 an C4 ass en ze groussen Altersënnerscheed, fir dass se sech an de Pausen gutt kéinten géigesäiteg beräicheren.
- Beispill vu Kayl, wou d'Cyclen op verschidde Gebaier opgedeelt waren, an elo awer zënter kuerzem erëm gemëscht ginn.
- Den Iwwergang C1 ➝ C2 ass méi schwéier, wéi déi aner.

## 3.1. Wat gutt ass

***Kenneléieraktivitéiten***

- Am Viraus kucke goen (Visiten): Centre, nei Klass, nei Schoul: leeft a verschidde Schoule gutt.
- Fester (Abschied) Diplomiwwerreechung; porte ouverte (Ufank oder Schluss vum Schouljoer?).
- D'Kanner solle weider d'Méiglechkeet kréien, hire Sall an zukënftegt Léierpersonal schon am viraus kennenzeléieren. Dat ass méi wichteg, wéi dass si sech am Virfeld schonn ënnert sech besser kenneléieren.
- Portes-Ouvertes, Échange vu Portfolioen a Kenneléieraktiounen solle bäibehale ginn.
- Gutt Erfarungen si mat gemëschte Gebäier gemaach ginn. Total Vermëschung ass awer net ëmmer gutt. Ideal Opdeelung ass um Terrain net ëmmer duerchzezéien.
- De Grupp schéngt sech eens ze sinn, dass homogen Schoulgebaier mat nëmmen engem Cycle net gutt sinn, z.B. just C1 (*).
- Idealerweis misst den C1 an C2 zesumme sinn an den C3 an den C4 solle jeeweils vuneneen a vun deene Klengen getrennt ginn.
- Austausch tëscht de Cyclen virun der neier Klass oder no e puer Wochen
- C1 → Schnupperdag am C2.
- Kreativatelier a Konschtatelier a gemëschte Gruppen (C1 – C4) > Kontakt ënnerteneen a mat de verschiddenen Enseignanten.
- Lieswochen cycleiwwergräifend.
- Optrëtter/Präsentatioune fir aner Klassen.
- positiven Empfang, Klasseklima schafen.
- Hospitatiounsméiglechkeeten fir d'Kanner schafen: Beispill: Wann d'Kanner schonn aner Enseignanten kennen. Atelieren Cycle 1 a Cycle 2 zesummen (schnupperen). D'C1-Kanner ginn „erop" an entdecken den C2
    - > Angscht ofbauen
    - > Kanner kennen d'Enseignanten.

***Kommunikatioun an Austausch***

- Austausch tëscht den Enseignanten an de verschiddenen Schoultypen.
- Austausch tëschent den Enseignanten am Virfeld, mee och iwwerdeems.
- Et feelt un der Professionalitéit vum Austausch.
- D'Kommunikatioun zu de Prozeduren ass gutt. (**)
- Kanner an Elteren ginn informéiert a beroden.
- Porte ouverte fir Kanner an Elteren de 14.9.
- Als Elteren gëtt ee gutt informéiert fir de Passage an de Lycée.

- Intern Concertatiounen mat Enseignanten + am Bilansgespréich dobäi an eng Eltereversammlung.
- Best practice: Elterenversammlung am Juli mat neien Elteren fir d'Material virzestellen a grob de System ze erklären.
- Best practice: Austausch C1+C2+C3+C4 Enseignant iwwert Aarbechtsmethoden → roude Fuedem (PDS) (*).
- Fro nom Rallongement zesummen mam C3 décidéieren.
- Austausch C1 an C2 iwwer d'Concertatiounen.
- D'Erwaardungen vum C1: Et muss een d'Zuelen an d'Buschtawen kennen.
- Enseignant C2 geet an den C1 e puer mol op Besuch.
- Zesummenaarbecht Cycle 2 an 1 am Fall vun Doute fir Allongement.
- „Speed-Dating": Enseignanten tauschen sech aus, kréien d'Kanner beschriwwen.
- Austausch mam C2 2× am Joer, Gruppen à la Whatsapp mat allen Enseignanten (kuerz eppes Wichteges, wou eng Mail kee Sënn mécht, fräiwëlleg) (mat Regelen → wéini gëtt wat vu wiem geschriwwen z. B.).
- Sech méi oft gesinn, méi oft an aner Klassen kucken.
- Sech méi a verschiddenen Cyclen concertéieren.
- Appui an engem aneren Cycle halen.
- Kompetenzzenter: et ass eng Secherheet, wann een eng Persoun huet, déi si aus dem Fondamental (6t Schouljoer an de Lycée) begleet. Si maachen dat dann och deelweis dass si Begleedungen maachen am Lycée , déi éischt Méint. Sinn och net ëmmer direkt an der Klass dobäi . Ass awer leider personalteschnech net bei alle Schüler méiglech. Wann eng Begleedung méiglech wär, ass et vu Virdeel.
- Kontakt mat der aler/neier Schoul baséiert nëmmen op Eegeninitiativ vum Enseignant
- Best practice formal/non-formal Bildung:
  - Maison relais kënnt hospitéiere fir d'Material kennenzeléieren, sou funktionéiert d'Hausaufgabenhëllef besser.
  - Maison relais a Cycle 2 all Trimester een Austausch iwwer SUS an d'Themen, déi si opgräifen.
  - Zesummenaarbecht tëschent Schoul, Maison Relais, Spezialisten (z. B: Psy./Päd.); Elteren; Foyer (*).

## 3.2. Wat muss verbessert ginn

***Administrativen Opwand***

- Et ginn ze vill Prozeduren an se sinn ze laang.
- Deelweis laang Prozeduren an intransparent Decisiounen (*).
- D'Prozeduren solle besser erkläert ginn.

- D'Prozeduren vun de Centres de Compétences sollte verkierzt a vereinfacht ginn.
- Och wann een zwar gutt informéiert gëtt, ass de System awer informatiounslasteg a komplizéiert.
- Équipen ginn auserneen gerappt no all Joer ("dat ass Gëft") Et geet guer net ëm d'Kand.
- Équipe stäerken, Kontinuitéit garantéieren, Équipebildung erméiglechen.
- Kontinuitéit innerhalb vun der Schoul hirstellen.
- Angscht soll duerch Vertrauen ersat ginn.

***Elteren an der Transitioun***

- Kommissioun mat 8-9 Joer … → Problem vun Elteren.
- Elteren ginn net genuch agebonnen bzw. sinn net sensibiliséiert.
- D'Elteren abannen.
- Interessi vun den Elteren fir hir Kanner.
- Elteren, déi sech fir hir Kanner interesséieren.
- Elteren, déi Rotschléi unhuelen an ëmsetzen.
- Elteren, déi eng Hand mat upaken (bei Aktivitéiten z. B. Sortien, …).
- Elteren, déi manner gutt informéiert sinn: entlaaschten, weiderhëllefen.
- Schwieregkeeten fir d'Elteren d'Bilanen iwwerhaapt ze verstoen an ze wëssen, wou d'Kand drun ass (immens komplex ginn).
- Mangel un Informatioun mat den Elteren; Komplexitéit vun eisem System; falsch Erwaardungen.

***Förderziler bei Kanner mat spezifeschen Bedürfnisser***

- Fir Kanner mat extra Bedürfnisser (Trisomie, Rallongement de Cycle, Kanner an enger finanzieller Nout) kënnt oft eng (ze) grouss Unzuel vun Intervenante an den Asaz.
- D'Kommunikatioun tëscht deene verschiddenen Intervenanten ass verbesserungswürdeg.
- Als Verbesserungsvirschlag vun der Prozedur bei sou extra Fäll gouf "d'schulisches Standortgespräch" (SSG) virgeschloen, mat maximal dräi Förderziler an dräi Konsensziler.
- D'Iddi vun der 'Vue d'ensemble', an dass dës sollt verbessert ginn ass regelméisseg opkomm. De Grupp huet vum 'Gesamtpaket' geschwat. (****)
- Bei Kanner mat Förderbedarf soll e PPCI erstallt ginn. Een SSG Gespréich soll mat den Elteren gefouert ginn fir de Fokus ze setzen.
- Kanner mat Rallongement am C1 + C2.
- Centre de compétences zréck an den EF/ES!
- Lycéewiessel: Personne de référence → Kontakt mam neie Lycée ophuelen → bei Kanner mat Besoins spécifiques / particuliers.
- Kanner an hirer Schoul betreien amplaz se eraus ze huelen; Ressourcen anescht opdeelen, gezilt fir Kanner asëtzen.

- PPClen eventuell kommen se am Lycée un an do ginn se net gekuckt.
- SEPAS / ESEB am Gebäi am Fondamental.
- Aner Profien an engem Gebai sëtzen hunn (SEPAS/ESEB) – Hëllefstellungen sur place (Gespréicher, ...) hunn.
- Kanner, déi Enn C2 nach net liesen, schreiwen a rechne kënnen, datt dat wierklech gekuckt gëtt.
- Dys: Informatiounen

## Plan d'études

***Den Roll vum Enseignant***

- D'Fro ass opgeworf ginn, ob den Austausch tëscht den Enseignante soll am Plan d'études verankert an domat obligatoresch gemaach ginn. Hei sinn d'Meenungen ausernee gaangen. Eng Obligatioun kéint der Motivatioun vun den Enseignanten schueden. D'Participanten proposéieren éischter eng Rekommandatioun am Virwuert  vum Plan d'études ze ginn.
- D'Mentalitéit/Haltung vum Enseignant; ICF → Umweltfaktor.

***Didaktesch/methodesch Zousazerklärungen***

- D'Fro ass gestallt ginn, ob didaktesch Hiweiser sollen an de neie Plan d'études kommen.
- D'extra Besoinen vum Kand sollen zesummen, ënnert der Form vu Recommandatiounen, bei den akademesche Contenu kommen.
- Zevill Fokus op dat Kognitiivt am Plan d'études (2 Punkten).
- Didaktesch + methodologesch Recommandatiounen.
- Plan d'études op dat Wesentlecht reduzéieren; méi iwwersiichtlech; manner spezifesch ginn.

***Kandzentréiert Erläuterungen***

- Och Kanner mat Besoins spécifiques sollten am neie Plan d'études erwänt ginn. Manner bekannten extra Bedürfnisser missten och erwänt ginn, wéi z. B. d'Bedierfnisser vun iwweremotionale Kanner.
- Un Niveau vun de Léierinhalter vum Plan d'études goungen d'Meenungen e bëssen auserneen. E puer Participante hu gemengt, dass méi Wichtegkeet soll op dat Akademescht gesat ginn. Anerer hu fonnt, dass de Plan d'études schonn zevill akademesch ass an déi global Dimensioun vum Schüler misst méi an ee neie Plan d'études afléissen.
- De neie Plan d'études soll erméiglechen, dass d'Besoinen vun alle Schüler erkannt ginn.
- De soziale Volet am Plan d'études verankeren; sensibiliséieren iwwer spezifesch Bedierfnisser.
- Et ass kritiséiert ginn, dass d'Selbstwahrnehmung vum Schüler am aktuelle Plan d'études net erwänt gëtt. Am Plan d'études sollen och déi sozial Kompetenzen vun de Schüler erwänt ginn.

- Wat feelt am Curriculum: → Selbstwahrnehmung (Wer bin ICH) → Emotionsregulation d'seelesch Bedürfnisser.
- Bei Cycle raccourci sinn déi sozial Kompetenzen oft net altersgerecht entwéckelt.
- Keng negativ Bewäertungen méi ginn (am Fondamental).
- Sech méi op d'Kand konzentréieren, net nëmme Kompetenzen a Soclen > Fakten a Fortschrëtter vum Kand.

***Ufuerderungen vum Plan d'études***

- D'Ufuerderungen, déi un d'Schüler gestallt ginn, misste permanent iwwerduecht ginn, an et muss regelméisseg iwwerpréift ginn, ob se am aktuelle Kontext nach sënnvoll sinn. U wéi engen Indikatoren soll ee moossen, ob e Kand säi Parcours soll certifiéiert kréien? z. B.: E Gäertner soll net penaliséiert ginn, wann e Schwieregkeeten huet fir di laténgesch Nimm vun de Planzen ze verhalen.
- Iwwer sproochlech Barrièren a sproochlech Iwwergäng am wäite Sënn muss och nogeduecht ginn. D'Sproochlëch Iwwergäng an d'Wiel vun der Alphabetiséierungssprooch mussen iwwerduecht ginn.
- PPCI → Adaptatioun vum Plan d'études ( **)
- Fro nom Rallongment (Differenz Sockel 2 + 3 ) ze grouss (***)
- Socklen méi kloer definéieren a mat Beispiller.
- De Programm reduzéieren.
- Programmer openeen ofstëmmen.
- Cycle 2 an 3 Joer d'office.

***D'Reformen vun 2009 an d'Ëmsetzung***

- Iddi vun Cyclesklassen → Terrain
- Wann e Rallongement dann um Schluss vum Cycle 3.1.
- Et gëtt ze vill op d'Performance gekuckt.
- Rallongment gëtt oft nach als Sëtzebleiwen gesinn → STIGMA.
- Allongement de cycle gëtt net ëmmer ënnerstëtzt.
- Kanner testen, wann en Doute do ass fir een Allongement de Cycle.
- Allongement am Cycle 2.1, 3.1 méiglech, Kanner do ofhuelen, wou se stinn!
- Redoublement ass verschwonn. De Rallongement ass komm, e Kand kritt doduerch all d'Chance geholl, well se ni méi bäikommen.
- Et soll keen Automatismus vum Allongement ginn, wann Soclen net erreescht sinn.
- Allongementer iwwerdenken: ginn net esou gemaach, wéi virgesinn; maachen se iwwerhaapt Sënn (Etudes!); Allongement ass e Fortschécken, wann se net an der Klass bleiwen.
- Differenzéierung muss méi Gewiicht kréien.

- Differenzéierung muss méi Gewiicht am Plan d'études kréien
- Allongementer iwwerdenken (ass dat nach zäitgeméiss?)

***D'Bilanen an d'allgemeng Verständlechkeet vum Plan d'études***

- Schoulwiessel, Bilan de fin de cycle a Scolaria net kloer.
- Bilans: Immens vague (tëscht Gemengen, tëscht Personal).
- Interpretatioun vum Terrain.
- De Plan d'études ass ze vague formuléiert: Sockel? Erreecht oder net? Bsp.: "phrase avec un nombre de fautes tolérées"; compétence → connaissance.
- Am Scolaria gesäit een nët de Bilan vum Cycle virdrun, wann een en nët dréckt.
- Bilan ass Wischiwaschi.
- Kloer Krittären fir den Iwwergang tëscht de Cyclen.
- Critères d'évaluation feelen.
- D'Fuerderung no engem eenheetlechen Bewäertungssystem.
- Kloer Ziler definéieren.
- Rallongement am C1?
- am C1: duerch d'Beschreiwungen méi Subjektivitéit (Lernbericht)?
- C2-C4: Lernberichter (mat Hëllefstellung fir Formuléierungen)
- Niveau de compétences passt net bei den Programm..
- Kloer Consignen vum MENJE (Indicateuren präziséieren, evtl. mat Beispiller illustréieren fir manner Raum fir Interpretatiounen ze loossen).
- E rise Problem ass: Kompetenzorientéiert Schaffen, Bilanen schreiwen, déi vague sinn, déi jiddereen interpretéiert, wéi e wëll.
- Schoulwiessel oft ganz problematesch (vum Süden an den Norden).
- Schwieregkeeten wann Kanner plënneren, well oft an deene verschiddenen Regiounen vum Land aner Niveaue sinn aneres gefrot ass.
- Schwieregkeeten fir d'Kanner sech mam Bilan ze identifizéieren.
- Bilanen net allgemeng verständlech.
- Et gëtt sech oft net un de Plan d'études, mee un e Buch gehale.
- Informatioun an Transparenz
- Déi schoulesch Iwwergäng ginn géintiwwer dem Schüler net genuch thematiséiert.
- Vertrauen an den Enseignant?
- Wiessel an e Centre de Compétences → Enseignanten hunn oft keng Ahnung.
- Elteren sinn géint en Iwwergang, well Informatiounen feelen (**)
- D'Enseignanten sollen iwwer d'Kompetenzzentren informéiert ginn, d'Kompetenzzentren sollen méi visibel ginn fir d'Haltung vum Enseignant géintiwwer vum PPCI an de Kompetenzzentren ze verbesseren.

- Centre de Compétences: keng konkret Uspriechpersoun.
- Rapport CI gewise kréien: fir Informatiounen noliesen ze kënnen.
- Kaum Austausch tëscht dem Fondamental an dem internationale System.

***Ressourcen***

- Spezialiséiert Leit mussen an der Schoul präsent sinn.
- Genuch Ressourcen!!! (Kontingent ofschafen, speziellt Personal um Terrain, Material am ganzen Land gläich (digital Ausstattung z.B., Differenzéierungsmaterial).
- genuch personell Ressourcen

***Drock***

- De Passage an de Lycée übt e groussen Drock op de Schüler aus, ass awer och Drock fir den Enseignant. (*)
- Angschtgefiller
- No engem schlechten Iwwergang änneren d'Kanner hiert Verhalen an déi schoulesch Leeschtunge ginn erof.
- Wichteg fir d'Kand = ausgewogener Tagesablauf; Sicherheit.
- Vertrauen a Freed vs. Angscht an Drock.
- Ritualer; Rhythmus; Rou → méi Plaz schafen.
- Eng Relatioun opbauen; méi Fokus op den sozio-emotionale Volet.
- Vertrauen
- Épreuven net ze streng kucken → dat virliewen: déi 2 Joer zielen an dat vermëttelen, fir den Drock ofzebauen. D'Épreuven ennersträichen oft dat, wat scho bekannt ass.
- Risike vun den Iwwergäng, Drock gëtt opgebaut (Elteren, Cycle driwwer an drënner).

***Divers a Gegebenheeten***

- Mir schleefen d'Problemer oft vum Précoce bis zum Secondaire, kréien se awer ni geléist. D'Problemer ginn oft vum Précoce bis an de Secondaire geschleeft.
- Bëschschoul (**)
- No den Resultater vun den Épreuves standardisées, misst iwwer d'Testergebnisser geschwat ginn, coaching? (*)
- Den Ëmgang mat den Épreuves standardisées.
- EPSTAN-Tester zum Schluss vum Joer.
- Am Cycle 4 kommen Épreuven: do MUSS een Leeschtunge bréngen, déi een oft nach net kann mat där Basis, déi een hutt.
- Épreuven mat Socklen um Enn vum Schouljoer.

- Hausaufgabenhëllef an der Maison Relais.
- Nëmmen 2 Cyclen; Alter; 4-8,99; 9-12,99.
- Niveauen an de Sproochen a Mathé a Fro stellen → muss een 3 Sproochen kënnen?
- Précoce → Cycle 1 ouni ze 'verspillen' oder fakultativ.
- Vill Kanner sinn net méi räif genuch.
- Vun doheem aus si schonn enorm Retarden do.
- Ausserschoulescht (sozio-affektiv Entwécklung; Räift vum Kand) misst als Critère unerkannt ginn.
- Basis am C1 ass scho verfuer.
- De Niveau ass iwwer Joren erofgaang.
- Mir mussen eis Erwaardungen erofsëtzen, well virdrun Retarden sinn.
- D'Kanner sinn iwwerfuerdert.
- Privat Problemer beaflossen d'Léieren.
- Ze grouss Klassen (Bsp. kleng Gruppe si besser bei Problemer).
- Genuch Ressourcen an der Schoul an d'Verdeelung vun de Ressourcen, net ze vill bürokratesch.
- Verschidde Schoulbicher, wann ee plënnert.
- Modulen an de Fächer.
- A Moduler schaffen.
- Passend Material mat deem een einfach diffenzéieren kann.
- Upassung vum Material un Kompetenzen.
- 1 Gebai ass méi praktesch fir d'Kommunikatiounsweër ze kierzen.
- Daat net schoulescht gëtt net berücksichtegt.
- C4: méi Fräiheet no den Ännerungen vun 2017

# 4. Atelier C & D: Iwwergang an de Secondaire

## 4.1. Passage EF → ES: Wou sti mer elo? Wéi ass et elo?

***Ee selektive System***

- Eise System denkt a schafft immens selektiv.
- De Wee vum EF an den ES ass ee Wee, deen an der Wahrnehmung eropgeet.
- D'Angscht erofzerutschen op der Leeder.
- D'Remarque vun der Formuléierung 'vum ESG erop an de Classique'.
- D'Kanner ginn agestuuft, et ass ee Klassesystem. Dëst ass ee Problem vum System, deen vun der Gesellschaft ënnerstëtzt gëtt.
- D'Orientatioun ass eigentlech am C3 scho gekläert. D'Orientatioun ass immens fréi.
- Am 3.2 musse mer oft schonn orientéieren (Kanner 9-13 Joer, Kanner, déi schonn zwee Allongementer haten: Wat maachen ech elo mat deem Kand? Alter: Et mécht kee Sënn fir Kanner nach méi laang am Fondamental ze halen. Ass och net am Sënn vum Kand. Ech gesinn do ëmmer rëm Schwieregkeeten: Wat ass dat bescht fir d'Kand?
- Kanner, déi a keng vun deenen 3 Sparten 'Classique – Général – Préparatoire' passen
- Ee Kand léiert ëmmer méi an et mierkt een oft réischt méi spéit Saachen, déi engem opfalen. Ee groussen Deel mierkt een am Cycle 1 a lues a lues, wa méi Sproochen dobäi kommen. Vun Ufank un d'Kand ëmmer méi beobachten a kadréieren.
- Mir hunn esou munch Schüler, déi ze gutt sinn an net an den Préparatoire passen, do ass et eng riseg Perte de temps, fir se virunzeleeden. Problem, dass d'Schüler sou fréi orientéiert ginn.
- Et ass schéin, d'Entwécklung vun de Kanner ze gesinn.
- Déi nei franséisch Bicher am EF → nei Generatioun huet vill méi Loscht domat ze schaffen
- Eng Gesamtschoul bis 15: Am C4 ass et immens fréi fir eng Entscheedung fir d'Liewen ze huelen, et ass schwéier fir d'Schüler.
- D'Elteren hu kee Choix, si kënnen d'Kanner net doheem halen, et ass onméiglech, gratis Betreiung ass dat falscht Signal. De System ass faul, ech hat haut nach een, dee mat engem psychologeschen Test koum, dass en net kinnt um Schoulalldag deelhuelen. Déi Nestwärme doheem, krit een net an der Schoul.

***Tradéiert Virstellungen bei der Orientatioun***

- Mir sinn an engem immens selektive System. Et ass och ee gesellschaftleche Problem, wéi mir bestëmmten (handwierklech) Beruffer betruechten, wéi wann et näischt wier. Verschidde Beruffer hunn zu Lëtzebuerg keng Valeur.
- Uni oder Classique heescht haut net méi zwangsleefeg eng mega Paie. Och Bac $^{+5}$ ka Mindestloun bedeiten.

- E groussen Problem ass den Image. Den ESG gëtt ganz dacks net verstan (et ass eng Chance, mee gëtt net sou verstan).
- De reelle Wäert vun deene verschiddene Stufen ass net kloer. Wat genau ass den Ënnerscheed tëschent ESC an ESG?
- D'Voie de Préparation huet ee bedeitenden Imageproblem, wou et schwiereg ass den Elteren de Virdeel ze erklären. Et ass schuet, dass de Préparatoire esou negativ besat ass. Jo t'ass och bei den Elteren ganz ganz negativ besat. A punkto Préparatoire heescht et: Mir wëllen alles awer nëmmen net dat! D'VP ass extrem negativ ugesinn.
- Mir mierken, dass mer eis zanter där leschter Reform, villfach froen: Wéi ass deen dohinner kommen an den ESG? Déi PO feelt. Den Adapt war ee gudde Modell fir eng temporär Zwëscheléisung. Ech verstinn dat mat der 'Voie de préparation', dass manner dohin orientéiert gëtt. 7e Adapt war gutt do hat een eppes tëscht ESG an Préparatoire (voie d'orientation a voie de préparation).
- Jo do ass déi diffus Ahnung, dass et näischt Guddes ass an duerno kënnt das "große Erwachen", iwwer de Mangel u Méiglechkeeten am Secondaire.
- Inclusioun: Déi, déi wierklech eppes wëlle man, ginn ënner am System. Opfangbecken 'Préparatoire'.
- Mir hunn de Moment an eise Klassen immens grouss Diskrepanzen, mëttelstaark Schüler huet ee quasi net méi
- Mir hunn Leit, déi an der Voie d'Orientation sëtzen, déi kee Fouss op de Buedem kréien, wou mir eis froen, wéi sinn déi dohi komm.
- D'VP Schüler, déi op 7e ukommen, kréie mol positive Feedback a gi lues a lues opgebaut.
- D'Elteren wëllen dat Bescht fir hir Kanner. Och wann ee Reklamm fir den ESG a fir de Préparatoire mécht. Een deen an den ESG oder d'VP kënnt, ass ëmmer een, deen net an den ESC koum. D'Séparatioun ESC/ESG fänkt scho ganz fréi un.
- Et huet sech un den Effekter vun der Orientatioun an dem Bléck op d'Orientatioun net vill geännert. Vill Schülerinnen a Schüler entwéckelen ee Mannerwäertegkeetsgefill, well se an den ESG orientéiert gi sinn. Dat empört mech! Eise System ass eng Katastroph! Eng Haaptfro vun deene Schüler bleift dann: Kann ech awer nach op de Classique kommen, d. h. gëtt et ee Wee erop? Si kucken ëmmer mam Defizit an dat ass dramatesch!
- Den Drock vun deemools huet net geännert zu haut: Et muss Classique sinn. Gëtt d'Beispill vu sengem Jong, deen heem kënnt a seet: „De Schoulmeeschter sot ech kéim op de Classique." → Dat ass net d'Zil! No 7e fänkt eng Orientatioun un!

***Prozeduren vum Iwwergang a Virbereedung op de Passage EF → ES***

- Et gëtt e strikte Kalenner, wat a wéi engem Gespréich muss sinn.
- Theoretesch gëtt dee Passage am Cycle 4.1 virbereet.
- Cycle 4.1: Dräi Gespréicher, all Trimester eent. Um Enn vum 4.1 maache mer eng éischt Prognos, am Cycle 4.2 zwee weider Entretienen, een éischt fir Gespréicher an een zweet fir eng gemeinsam Décisioun.

- Wann den Iwwergang éischter stattfënnt an d'Voie de préparation, ass gewënscht, dass eng Iwwergangskommunikatioun tëscht dem Enseignant an dem Secondaire ass, dass do een Austausch iwwert d'Kand op 7e stattfënnt.
- Et ass aktuell gutt, dass verschidde Bléckwénkel op d'Kand geworf ginn (Bilan, Psy., Épreuves communes, Productions) an net nëmmen een Kriterium iwwer d'Orientatioun vum Kand entscheet.
- Wat war virun 2017 wann et keen Accord mat den Elteren gouf: Passage Examen. → Et goufe wéineg Beispiller vu Kanner, déi deen Examen gepackt hunn, well si waren iwwerhaapt net op deen Examen virbereet, et war net gutt fir d'Kand an et war quasi ni een Erfollegserliefnis.
- Wéi leeft dat éischt Gespréich mam Schüler of: Am éischte Gespréich vum Cycle 4.1 schwätzen mer net iwwer de Lycée. Also mir schwätzen am éischte Gespréich vum C4 net iwwer d'Orientatioun. Do muss een deem ganze Prozess Zäit ginn an och dem Kand Zäit ginn. Nom drëtte Gespréich am 3. Trimester am 5. Schouljoer formuléieren mer eng Perspective d'orientation.
- Am 4.2 soen mer och net: Wësst der nach mir haten dach gesot, dass Äert Kand … ? Et ass deene Kanner Zäit ginn. Et ass sou fréi fir eng bahnbrechend Décisioun. Well et weess ee jo awer, wat een domat bewierkt … Do muss ee ganz vill berouegen. Am 2. Trimester gëtt et ugedeit. An dann ass dat Thema roueg. Mir hu keng Kristallkugel.
- De Lycée réévaluéiert an réorientéiert permanent. Mee d'Haltung ass do an dee Klotz, deen d'Leit viru sech hischieben, ass enorm.

***D'Format 'ORIKA'***

- ORIKA an éischt Versammlungen mat den Elteren am C4.1 sinn u sech gutt.
- Iwwert den ORIKA an d'Lycéeën schnupperen goen ass flott, och d'Atelieren si positiv.
- Den ORIKA bréngt net onbedéngt dat, wat säin Zil ass, et geet net duer fir dat Ganzt richteg ze erliewen an ze verstoen.
- Net gutt, wann een am 4.1 an am 4.2 an dee nämmlechten Lycée geet oder wann et just Lycéeën aus engem Ordre d'Enseignement sinn.
- D'Schüler aus dem 4.2 hunn Ängschten an immens vill Froen ir si an de Secondaire wiesselen. Den Orika ass gutt, mee weist de Schüler net wierklech wéi deen neien Alldag wäert ginn.
- Orika: dës Initiativ ausbauen, fir de Kanner d'Ängschten nach méi ze huelen. Et ass och net optimal, datt d'Kanner vun der Klass ëmmer all déi selwecht Schoul kucke ginn, obwuel se net all an dësen Ordre d'enseignement orientéiert ginn. Firwat net och d'Kanner e Lycée besiche loossen, wann d'Orientatioun feststeet?

***Den Enseignant an der Orientatioun***

- Ech hunn d'Orientatioun am C4 scho puer mol als Titulaire matgemaach. Déi éischte Kéier huet ee sech zimlech ënner Drock gespiert, ech hat deemools d'Chance an engem Teamteaching ze sinn, sou dass ech néierens alleng wor, dat huet et méi liicht gemaach. Duerno wor et ok.

- Titulaire vun engem Cycle 4: Mir schaffen am Team, dofir falen d'Entscheedungen oft méi einfach.
- Wann et ee Wackelkandidat ass, dann tendéieren ech zu deem, wat driwwer steet. Am Zweifel fir den Ugekloten. Kandidaten wou s de sees, och wéinst den Interessen, wéinst dem Léieren, de Knuet ass nach net opgaang. Mee ee Kand einfach mol eng Stuf driwwer 'probéieren' loossen, dat ass grausam. Du kanns d'Kand net widdert Mauer lafe loossen, mee hei ass et wierklech wann et ee richtegen Zweifelsfall ass, da soe mer ok mir tendéieren zu deem, wat driwwer ass. An de meeschte Fäll geet dat och ganz gutt aus.
- Ech hat och mol de Fall vum klasseschen Classique-CV, an dat Kand war duerno komplett iwwerfuerdert. D'Kand hutt sech duerno sou änner Drock gesat.
- Flott ass, dass der, déi op den ESG orientéiert goufen, dann do oft déi Klassebescht waren.
- D'Orientatioun gëtt, ofhängeg vun der Persoun ganz verschidde gehandhaabt. Oft gëtt net gekuckt, wat d'Kand wierklech kann.
- Den Enseignant, als deen, deen d'Kand am beschte kennt, huet am Iwwergang zum Secondaire och dee gréisste Poids, wat gutt ass.
- Den Enseignant vum 4.2 setzt de Fokus op säi Programm, dee vum Plan d'études virgesinn ass. E bereet d'Schüler net exklusiv op een Test oder een Examen vir.

***Épreuves communes***

- Do gëtt et Kanner, déi zesummebriechen.
- Bei eis lafen déi niewelaanscht. Et hängt vum Enseignant of. Et gëtt ganz ënnerschiddlech gehandhaabt. Et hängt och vum Enseignant of, deen een Afloss dorop hutt, ob d'Schüler d'Épreuven als richteg Examenssituatioun wouerhuelen a mat Stress reagéieren. De Stress gëtt deemno vum Ëmfeld mat kreéiert.
- D'Prozedur, den Iwwergang, wéi en elo leeft ass eigentlech gutt. Den Enseignant ka selwer bestëmmen wéivill "Poids" (mol méi, mol manner) op d'Epreuves communes gesat gëtt fir déi richteg Entscheedung ze treffen.
- An da kënnt d'Fro: Kënnt Dir eis eppes matginn fir eis ze preparéieren? Et hängt domat zesummen, wou d'Kand higeet. Et hängt och iergendwou mat eisem Vécu mam Examen zesummen.
- Et ass ustrengend a laang.
- Et ass am Fong jo awer nëmmen een Element vu villen, d'Produktiounen, déi gesammelt ginn, déi ee gesäit.
- D'Intentioun vun den Épreuves communes ass verfeelt, well de Stress awer do ass.
- Méi Plaz fir kreativ Aufgaben (Mathé: 3. Deel).
- D' Épreuven am 4.2 sinn enorm fréi an huelen vill Zäit ewech, duerno sinn d'Schüler oft ausgelaucht an net méi motivéiert, wou bleift Zäit fir nach nom Programm ze kucken?
- Verschidde Participanten fannen et net gutt, dass den Examen op méi Deeg verdeelt ass, dat géif de Stress vum Schüler iwwer eng gewëssen Zäit zéien.

- D'Ofschafen vum Opnamexamen. Dat war Drock à long terme. Deelweis ass d'Meenung vertrueden, nees den Opnamexamen anzeféieren.
- Opnamexamen – dann hunn d'Elteren mat de Resultater de Spigel virun Aen wat hir Kanner kënnen. Épreuves communes: wat ass d'Urteel? Fréier an der Schrëftlechkeet besser.
- Firwat déi Fantasieaufsätz an den Épreuven? Wéisou keng aner Production écrite?
- Épreuves facultatives si wichteg, fir d'Situatioun virzebereeden.

***D'Elteren an der Transitioun/Orientatioun***

- D'Partizipatioun vun den Elteren ass gutt.
- Et missten ëmmer konstruktiv Gespréicher sinn, et muss objektiv ugeschwat ginn, dass d'Elteren hir Kanner reell gesinn. Dass si léieren, dat ze akzeptéieren an och Mesuren en place sëtzen, fir dass d'Kand gehollef gëtt.
- D'Elteren brauchen och mol selwer Zäit fir et ze akzeptéieren.
- D'Eltere gesinn oft réischt ganz spéit, wann eppes net klappt a gräife just dann an, wann et net esou leeft, wéi si wëllen.
- D'Kanner an d'Elteren realiséieren den Impakt ze spéit a kréien et dann net méi geännert.
- Wann een den Elteren et zielt, huelen si et mat, mee wann dann eng Décisioun wierklech mol schwaarz op wäiss do steet, dann kënnt déi awer fir vill Leit 'wéi vum Himmel gefall'.
- Elteren, déi vun Ufank un op de 'Classique' pochen, kënne problematesch ginn
- Kanner, déi ënner Drock sinn duerch hier Elteren (den Niveau am Classique zum Beispill schwéier halen kënnen).
- Schued, dass d'Elteren net agesinn, datt et besser ass e glécklecht Kand am ESG ze hunn, wéi en onglécklecht am ESC.
- D'Elteren wëllen dat bescht fir hiert Kand an d'Enseignantë wëlle sech beweisen (Épreuves communes). D'Konsequenz dovun ass, dass Drock vun alle Säiten entsteet.
- Eng besser Kommunikatioun mat den Elteren, méi een enke Kontakt, wier wënschenswäert.
- Elteren sinn éischter passiv a loossen sech vum Enseignant beroden

***Fir d'Elteren sinn et zueleméisseg vill Réuniounen (deelweis mussen se sech fräihuelen…).***

- Elteren sinn oft iwwerfuerdert an de Bilansgespréicher (Contenu ze komplex) a wëlle just wëssen op alles ok ass.
- Mat der aktueller Prozedur sinn et d'Elteren, déi dee meeschte Stress hunn respektiv maachen.
- D'Elteren hu grousst Gewiicht bei der Orientatioun.
- Bei villen Elteren ass den Orientéierungsprozess mat ganz vill Angscht verbonnen.

***D'Ukommen am Lycée***

- D'Ukommen hänkt vu villem of: vun der Orientatioun, der Attitude, Oppenheet, den éischte Punkten ..., de Niveau spillt eng Roll ...
- D'Schüler kommen mat villen Ängschten an de Lycée a si veronséchert.
- D'Upassung vum Fondamental un de Lycée dauert ëmmer méi laang. D'Schüler an d'Elteren si beonrouegt: Et ass ee Schockmoment.
- De Rapport vun der Maison de l'Orientation deit un, dass d'Schüler net gutt op d'Zerechtfannen am Secondaire virbereet sinn, doranner falen z. B. eegen Erfahrungen sammelen, Autoevaluatioun, d'Wëssen doriwwer, wéi ee léiert ... D'Orientatioun begrenzt sech net nëmmen op d'Iwwergäng, mee besteet och aus der Virbereedung vum Schüler op dat, wat duerno kënnt.
- Ab 7e froe si vill, wat si maache kënnen, a wéi eng Richtung et geet.
- Mir bidden Tutoratsstonnen un, Léieren léieren, si bréngе ganz ënnerschiddleche Bagage mat.
- Si sinn net wierklech gewinnt ze léieren. D'Léiere feelt. Et gëtt keen Iwwergang, iwwer 3 Woche gesi si wéi geschafft gëtt an et ass ee komplett neien Terrain.
- De Secondaire ass fachgebonnen. Léieren an Disziplinnen virun engem Frontalcours. Si sinn net virbereet op d'Quantitéit.
- Wat ech héieren, bestätegt dat, wat mir erfaassen, wann d'Schüler dann 2-3 Joer bei eis sinn. Do feelt d'Zäit fir dat nozehuelen.

***Ëmgang mat Prüfungssituatiounen a Leeschtungsdrock***

- Mat Drock zerechtkommen: Mir hu Prüfungsformater an doranner musse si sech beweise kënne, mir bereeden se op de 1ères Examen an op d'Uni vir. Kee Verweichlechen no ënnen hin! Weider déi Leeschtungsmomenter bäibehalen.
- Wann ech elo als Proff Schüler an Examenssituatiounen gesinn, dann ass lo de Problem, vun deenen, déi bei eis am Lycée sinn, dass se dat guer net kennen eng 'Examenssituatioun', psychesch packen se dat net. Et muss villäicht kee sou een Examensmoment sinn, wéi bei eis deemools, mee de Schüler dat ganz fortzehuelen...? Mee lo ass et gestaffelt an net méi alles an engem Dag.
- Mëndlech Kompetenz gëtt net genuch fokusséiert, de Kanner misst d'Angscht geholl ginn.
- Och negativ Erfarungen muss de Schüler kënne maachen, well da kënnt d'Liewen, an da packen si et emotional net.
- Schoul kann net ëmmer Spaass maachen. De kontinuéierlechen Opbau vun Drock muss ee léieren.
- Ech hunn heinsdo d' Gefill, dass et net méi genuch Examenssituatiounen virun der 1ère ginn, ouni awer wëllen ze soen, dass de Passageexamen erëm misst kommen.
- 7ième: éischt Tutorater, Schüler mat ganz falschen Erwaardungen, Schüler oft erschloen vun deem, wat se erwaart, Prüfungssituatioun kennen se net richteg, Matière verschaffen, wéi bereeden ech mech op Hausaufgaben vir.
- Den Iwwergaang ass deelweis ganz schwiereg.

- D'Kanner sinn net méi capabel vill ze mémoriséieren, well et oft am Fondamental net méi richteg geleiert gëtt (Hausaufgaben).

***Dialog EF - ES***

- Et feelt engem d'Ënnerstëtzung an d'Kommunikatioun tëscht ES an EF op Froen, bei deenen een och bei erfuerene Kollegen keng Äntwert fënnt.
- E gudde Prof muss eng Kéier op enger 'VP' passéiert sinn. Dat géif vill Viruerteeler raushuelen. D'Leit behandelen sech ënnertenee och sou klassifizéierend. Och déi verschidde Programmkommissiounen am ES behandelen sech jee no Niveau anescht a funktionéiere getrennt. D'Mentalitéit tëschent den Enseignanten aus dem EF an ES ass net déi bescht. D'EF-Enseignanten sinn der Meenung dat d'Pädagogik an hirem Studium den Enseignanten am ES feele géif.
- De Mangel u Kommunikatioun: De Schüler fänkt mat engem wäisse Blat am ES un, well den Austausch tëscht Enseignant a Proff feelt. En hutt keng Geschicht virdrun. Kann natierlech och eng Chance sinn.
- Et ass gutt, wann eng Rekommandatioun fir een Appui aus dem Fondamental kënnt, heiansdo geet et automatesch besser, mee heiansdo ass et wichteg weiderzefueren mam Appui.
- D'Kommunikatioun tëscht EF an ES ass inexistent/bescheiden. D'Kommunikatioun ass net sou gutt. Alles leeft parallel an net Hand an Hand.
- Momentan: deen ee mengt, dass deen aner dat erwaart, den Austausch tëscht EF an ES ass seelen, momentan ass guer keen Austausch.

***D'Sproochen***

- D'Sprooch gëtt ëmmer méi zum Problem.
- De richtege Problem ass, dass si mat de Sproochen net zuwee kommen. Et gëtt eng fréi Selektioun am Cycle 3.1. Do ass et scho kloer, fäerdeg! Am Homeschooling huet een d'Ënnerscheeder däitlech gesinn, déi net kulturell bedingt sinn.
- Problemer stellen dacks d'Sproochen (francophil, germanophil Systemer).
- Doduerch datt et méi schwiereg gëtt duerch Demotivatioun an déi ënnerschiddlech Niveauen vun de Schüler, wëlle verschidden Enseignanten déi Klassestufen am Franséischen net méi enseignéieren.
- D'Fro ass opkomm: Solle mir déi zwou Sprooche bäibehalen an d'Schüler domat 'quälen'? Als Sproocheproffen wéilte mir un der Méisproochegkeet festhalen. Wéi deelt een de Schüler de Message mat, dass d'Sproochen zu Lëtzebuerg wichteg sinn fir ze bestoen?
- Wéinst de Sprooche ginn esou vill aner Saachen net.

***Den Iwwerbléck iwwer den Secondaire feelt***

- D'Orientatioun gëtt oft als eng Hürd ugesinn → ganz dacks feelt den Iwwerbléck doriwwer wat duerno kënnt, souwuel fir d'Schüler an d'Elteren, wéi och fir den Enseignant → zevill Sektiounen an d'Bezeechnungen vun de Sectiounen an Richtungen änneren konstant (all 2 Joer).
- Critères de promotion bis 5ième.
- Problem: 7e bis 5e net duerchfalen.
- Vun 7e bis 5e kommen d'Schüler riicht duerch am General, mee Cours de base. "An da sinn all Dirren zou" → dëst ass schwiereg fir d 'Elteren fir ze verstoen.
- D'Offer am ES ass divers a gëtt ëmmer méi divers. Et gëtt kee méi eenz an et huet een keen Duerchbléck. D'Orientatioun geschitt vill doheem. Mir wëllen d'Enseignanten méi fit man, hinnen ëmmer rëm eng Mise à jour man, wat gëtt et, wéi ass de System opgebaut.
- Déi Terminologie vun de Klassen ass praktesch net méi ze duerchblécken an alles ännert all Joer.
- Vill Sektioune kreéieren ass och problematesch.
- Wei ee Régime? Wéi ee Lycéeë? An zousätzlech huet all Lycée säin individuellen Pilotprojet.

***Plan d'études an Erwaardungen***

- Préparatoire: d'Schüler kënne keen Einmaleins.
- Sockelbeschreiwungen: vague, et steet op kenger Plaz kloer, wat se musse kënnen. Dat misst ganz konkret festgehal ginn. Transitiounen: Léierprogramm eng Kéier upassen. Wat brauch de Secondaire, wat mussen se kënnen? Konkret Léierinhalter abauen.
- Groussen Opwand fir den Enseignant.
- Tester: Mussen se sinn am Fondamental? Wéi ass et am Secondaire?
- Note: A, B, C, D um Bilan (Ginn oft als klassesch Note op engem Test benotzt amplaz als Progressioun zu sech selwer).
- Am Lycée ass den 'Horaires et programmes' kloer fachorientéiert, den Plan d'études ass kompetenzorientéiert. => et feelt un Zesummenhang.
- Evaluatioun am Fondamental ass schwiereg (Wat heescht A, B, C, D?) vill Kuddelmuddel, all Schoul interpretéiert et anescht.
- Evaluatioun am Fondamental ouni Punkten, mat Kompetenzen, dat ass e "krassen" Ënnerscheed zu dem, wéi et duerno am Secondaire weidergeet, dat iwwerfuerdert a frustréiert d'Kanner an d'Elteren.
- D'Prüfungen am Ufank am Lycée si Stolpersteng fir déi Schüler, déi net gewinnt sinn Punkten op der Prüfung ze hunn.
- Bewäertung A B C D am EF gewinnt, am ES si se da verluer, wann Noten op 60 kommen
- Tester sinn Preuven, ginn et aner Preuven?
- Evaluatioun ass extrem kompliziéiert. D'Kand huet de Socle net erreecht, well den Enseignant déi Aufgaben nach net gemaach huet mat der Klass.

- De Programm ass vill ze iwwerlueden, fir alles ze maachen (subjonctif, conditionnel etc.). Coding kënnt och nach bäi an, an, an ...
- D'Quantitéit ass enorm.
- Programm reduzéieren (vill ze vill Inhalter)
- D'Unzuel vun de Fächer am A behalen.
- Plan d'études: Weniger ist mehr! Säit 30 Joer kommen ëmmer nei Inhalter an nei Missiounen bäi, awer d'Schoulstonnen sinn onverännert, an esouguer vun 30 op 28 erofgaang. Wéi soll dat goen? Et ass jo normal, datt eis Schüler eenzel Saachen net méi esou gutt kënnen, well si vill méi Saachen an Inhalter ze maache kréien an do hu mer d'Zäit net méi, dat alles gutt mat hinnen auszeschaffen a virun allem ze widderhuelen.
- Medienkompetenz: Muss am neie Plan d'études integréiert ginn an doduerch och eng fest Plaz am Schoulalldag kréien.
- An de Cyclen virdrun (C3, C2...) gëtt den Elteren heiansdo alles e bësse méi 'schéi' verkaf an am Cycle 4 gesäit et dann op eemol ganz anescht aus, respektiv d'Elteren hunn heiansdo e falscht Bild vun hirem Kand. D'Bilanen am Fondamental weisen oft net datt d'Problemer vum Kand do sinn, respektiv d'Elteren gesinn de Problem net an. Dat läit deels un de Bilanen vum Fondamental, wou ëmmer alles muss positiv formuléiert ginn. Et misst och méi kloer gesot ginn, datt d'Kand Problemer huet an dat et vläit "ongenügend" ass.
- D'Épreuven sinn deelweis ze schwéier an erschloe verschidde Kanner. (Dat ass och esou gewollt, fir datt et eng schéi Courbe gëtt).
- Ech géif dat immens begréissen, wa mir wéissten, wat d'Basis ass, wat verlaangt de Secondaire dann als Basis: eng gemeinsam Richtlinn, de PE dee méi virugeet mam Secondaire.
- Ech hunn dat ganz gutt fonnt déi Remarque. Mir hunn eng Interpretatiounsspannwäit vun deene Kompetenzbeschreiwungen. Deen ee versteet dat do an deen aneren dat do. Fréier waren d'Objektiver méi kloer formuléiert: dann an dann muss dat gewosst sinn. (Bsp.: Einmaleins, bësse méi konkret muss een dat formuléieren, fir dass een dat gesäit).
- Inhalter/Objektiver: Et misst méi kloer definéiert sinn, wat ee muss kënne fir am Cycle 1, wat ee muss kënnen fir den Cycle 3 asw. Fir all Sockel, fir all Cycle misst een Inhalt definéiert ginn. D'Kompetenzen sinn ze abstrakt formuléiert.
- Ee Punktesystem aféieren: D'Elteren wëllen ee kloeren Feedback, wou situéiert sech mäi Kand.
- Mat den Épreuves standardisées/communes hu mer ee Verglach.
- Konkret Inhalter géifen et jiddferengem erliichteren och dem Enseignant.
- Den Plan d'études muss och en Outil ginn fir d'Léierpersonal aus dem Secondaire, net nëmmen fir de Fondamental. E muss vill méi lieserlech ginn, gutt strukturéiert an awer iwwersiichtlech.
- Roll vun der Régente, Enseignante an Tutoratsproff op 7ᵉ.
- Et mécht een Ënnerscheed, vu wou se kommen an da wësse mer, wéi se virbereet sinn. Anerer musse sech komplett eraschaffen. Däitsch: Kasusënnerscheed hu Verschiddener net gesinn. Déi grouss Schéier.
- De Secondaire huet keen Unhaltspunkt fir drop opzebauen a weess net wou ufänken. De Plan d'études ass net konkret genuch.

- Am Secondaire hunn d'Enseignanten guer keen Abléck doran, wat am Plan d'études steet.
- Secondaire sollt pädagogesch Reformen ëmsetzen, déi am Fondamental well ëmgesat gi sinn.
- D'Demande un de Schüler ass net kloer, et weess een net wat d'Schüler gemaach/gesinn hunn.
- Et misst een kucken, dass de Contenu, deen am C4.2 bäibruecht gëtt op d'Besoinen vun der 7e passen. (Och wat d'Notatiounen ubelaangt! Beispill Mathé: C4.2 ass d'Notatioun 3 ½ am Buch, mee gëtt am Lycée guer net gär gesinn!)
- Jee nodeem vu wou se kommen. Verschidden Enseignanten kënnen net sou schaffen, wéi et virgesinn ass, wann do Inhalter ofgekläert wiere.
- Cycles-Approche: Wou gëtt da wierklech a Cyclen geschafft? Mir hu Klassen, wou déi eng kënne knapps dräi Wierder richteg liesen kënnen, wärend anerer do sëtze sech ze langweilen. Am Cycle 2/3 kommen déi riseg Ënnerscheeder: lo bleiwen mer op genau deem dote sëtzen. Déi Kanner kommen ni aus deene Schwieregkeeten eraus. D'Klassen sinn oft vill ze vill grouss (Kontingent).
- Zu 95% sinn d'Eltere sech eenz mat den Enseignanten. Et ass awer och villfach sou: Den Enseignant hutt keng Loscht sech eng fänken ze goen, dee Risiko läit an der Loft. Wann d'Elteren da wierklech de Classique wëllen, da loosse mer se goen. Bei eis ass de Virdeel mir schaffen all an Teamer. Am Team ze sinn hëlleft, den Échange hëlleft.
- Vertrauen an d'Commission d'orientation a Fro gestallt.
- Zënter dass d'Elteren mat abezunn ginn, si ganz vill Titulairen, déi sech soen, wann eng Diskussioun kënnt mat den Elteren, dann ëmginn ech d'Orientatioun a ginn den Elteren, wat se wëllen.
- Fir den C4-Enseignant, deen d'Décisioun mat den Elteren zesummen hëlt, ass et net ëmmer evident fir standhaft ze bleiwen an e Recours (Kommissioun) anzefuerderen. Et ass heiansdo méi einfach, den Avis vun den Elteren unzehuelen an d'Kand duerchzewénken. Zemools e jonken Enseignant hält dem Drock net ëmmer Stand.
- Bei engem Schüler, deen am C3.2 oder C4.1 schonn an de Préparatoire orientéiert misst ginn, hunn d'Elteren quasi alleng dat lescht Wuert. Dat entsprécht net der Logik vum 4.2, wou den Enseignant oder d'Équipe e grousse Poids hunn. Firwat kann een do net och déi Prozedur uwenden, wéi am 4.2 mat engem Recours respektiv enger Kommissioun?
- Et ginn an de Lycéeën verschidde Krittären einfach mol ugepasst, well se Klassen net wëlle verléieren (DT/DAP).

## 4.2. Léisungsusäz: Wéi kommen mir dohin? Wat sinn d'Besoinen?

***Den Austausch tëscht EF an ES en place sëtzen***

- Den Austausch tëscht Fondamental a Secondaire ass ganz wäertvoll a gëtt als positiv ugesinn. Et feelt u Verbindung tëscht EF an ES, keen Austausch méi tëscht Enseignanten.

***D'Orientatiounsprozedur EF-ES***

- aus der Perspektiv vum Secondaire ass et schuet, dass de Secondaire net méi bei der Orientatioun derbäi ass.
- Ech hunn et ëmmer ganz positiv fonnt, et war ee Bléck vu baussen an der Orientatioun. Lo iwwerhuelen ech déi Roll fir jonke Kolleginnen a Kollegen ze hëllefen.
- Verschidden Lycéeën (zum Beispill LGK) hunn en Austausch tëscht dem EF Enseignant an dem 7e Régent institutionaliséiert. Ass gutt fir Feedback aus de Lycéeën an d'Grondschoul ze kréien, dozou ob d'Aarbecht aus dem EF frucht.
- Systematesche Retour vun den éischte Resultater vun de 7e Schüler un hiren fréieren C4.2 Enseignant giff deem Enseignant erméiglechen, eng besser Aschätzung ze kréien.
- Lien tëscht Enseignant aus dem Fondamental an dem Régent vu 7e misst d'office erméiglecht ginn.
- Wann een héiert, dass d'Schüler gutt eens ginn am Lycée oder méi héich agestuuft ginn wéi een erwaart huet, ass dat wäertvoll.
- Eng Léisung wier ee wierklechen Échange an d'Iddi vum Team, wat orientéiert. Wéi de Secondaire nach méi an der Orientatioun dra war, war wéinstens do een Échange tëscht EF an ES ginn.
- Kommunikatioun tëscht Enseignanten aus dem Fondamental an dem Secondaire LEIDER net méi existent.
- Gréisste Stolpersteen: Den Enseignant aus dem Fondamental kann d'Besoinen aus dem Secondaire schwéier aschätzen. En Enseignant aus dem Secondaire wier (virun allem bei de Wackelkandidaten) ganz gären erwënscht (Back to PPP?!).
- Team, wat bis virun e puer Joer d'Orientatioun gemat huet war positiv.
- De Passage EF-ES war ëmmer ganz positiv an eng Beräicherung. Dir schreift nach Diktater, dat wosste mir net, wat sinn Tâchen am Secondaire. Déi grouss Grenz, déi fir d'Schüler schonn do ass.

***De Stäerkte no orientéieren***

- Gutt Gefill ass, wann een op 7e gesäit, wann d'Schüler gutt orientéiert gi sinn.
- D'Kand mat senge Stäerkte kucken an et no dësen orientéieren.
- D'Participatioun vun de Kanner färderen.
- Genau Orientatioun ass net definéiert. Op wat leeë mer e Wäert? D'Softskills ginn net berücksichtegt.

- Am Curriculum feelen déi Saachen, déi net reng schoulesch sinn.
- Zukunftsorientéiert, beruffsorientéiert.
- Sech besser aschätzen kënnen.
- D'Fro muss sinn, woufir brennt Äert Kand? Den Hobby an d'Interesse vum Kand sinn och ganz wichteg (villäicht méi). Wat kann et gutt a wat mécht et gär? Wann ech déi Offer hätt, déi den ESG lo hutt, z.B. d'SO – Ech hätt se gemat. Den ESG méi promovéieren, et ass eng villfälteg Offer. De Classique ass net sou villfälteg.

***Informéieren***

- Virschlag: Elterenowenter (lokal, regional, ...?) wou d'Elteren all hir Froen zum Secondaire kënne stellen. Wat ännert? Wéi ass d'Organisatioun? Wéi gëtt bewäert (Punkten)?... Net eréischt bis d'Porte ouverte waarden.
- D'Elteren verstinn de System net an d'Enseignantë vum Fondamental och net.
- Als Elteren ass et ganz schwiereg fir dee richtege Choix ze treffen.
- Am Fondamental an am Lycée d'Personal méi fit man fir d'Orientatioun: Et gëtt lo landeswäit z. B. 3 A-Sektiounen. Ech gesinn et an der Programmkommissioun, mir kréien och net méi alles mat, wat doruechter entsteet. Formatioun an der Orientatioun fir d'Schoulpersonal, déi up-to-date gehale gëtt.
- Wann ee wëll de Schüler all d'Orientatiounsméiglechkeeten op den Dësch leeën, ass dat eng Erausfuerderung. Do muss de dech mol raschaffen.
- Et geet bei de Leit net nëmmen ëm de Régime, mee och nach ëm d'Lycéeën. Et ass mëttlerweil och sou, dass d'Lycéeën een Image hunn an ee Profil. Wann een da mat den Elteren déi Gespréicher féiert a si froen, wou kann en higoen a wat bitt dat eenzelt Gebäi, da brauch een do onheemlech vill Informatiounen.
- Pool vun Enseignanten aus dem Secondaire, wou ee sech ka beroden loossen als Enseignant aus dem Primaire wat ee mat engem Wackelkandidat maache sollt.

***Um Iwwergang schaffen***


- Mir si lo sou virgaangen, dass mer Workshopen ubidden mat Escher Fondamentalschoulen, Schnuppercoursen, wéi realistesch wäerten d'Coursen sinn, d'Transitiounsphas bëssen offlaachen: Mir loossen d'Orientatioun scho während dem Cycle 4.2 eng Kéier d'Woch mëttes ugoen. Zu Esch hu mer de Virdeel, méi wéi ee Lycée, lo wou d'Tester geschriwwen sinn. Moies kënne se och eraluussen fir d'Classiquesschüler. Iwwergäng méi flach halen.
- Kanner weiderhin motivéieren a berouegen, en oppent Ouer fir se hunn.
- D'Schüler op d'Portes ouvertes schécken vun de Lycéeën, fir dass se wëssen, wat op se zoukënnt (fir déi vum 4.1 scho kommen).
- Seperat Rentrée fir 7e Schüler mat 3 Stonne Betreiung vum Régent, wou se alles erkläert kréien.
- Formulatioun fir d'Perspectives d'orientation musse kloer virgi sinn.

# 5. Fotogalerie


D'Fotogalerie ëmfaasst nëmmen déi Inhalter, déi den 21. Abrëll 2022 en présentiel um Edupôle zu Walfer beschwat goufen. D'Participantë vum Online-CoLab hu mat engem Word-Dokument geschafft.


## Atelier A: Iwwergang an eng Schoul










WAT SINN D'ERAUSFUERDERUNGEN?



Beräicher :
(On)erfëllten Erwaardungen,
Virbereedung, Begleedung,
Zäit, Ressourcen, Informatioun,
Berodung, Kollaboratioun,
pädagogesch Approche /
Haltung, Plan d'études,
Formatioun, Kompetenzen,
Flexibilitéit, Selektioun, ...

## Atelier B: Iwwergäng wärend dem Fondamental










Är Virschléi
wichteg fir Kand = ausgewogenen Tagesablauf Sécherheet
Niveaus Sproochen + Mathé a Fro stellen → muss een 3 Sproochen kënnen?
Nëmmen 2 Cycles
Alter
4–8,99 9–12,99
wann!
Rallongement dann Schluss Cycle 3.1
Précoce
Cycle 1
ouni ze verspillen oder fakultativ


Haaptaussoen fir den Virtrag
didaktesch + methodologesch Recommandatiounen
Proceduren mussen verkierzt ginn
Vertrauen + Freed vs Angscht + Drock
Gebeier mat gemëschten Cyclen 1+2 3+4 = gudd
Opklärung Visibilitéit fir Ens. iwwer Kompetenzzentren PPC!
Ritualer Rhythmus Rou → méi Plaatz schafen
WALDORF-SCHOUL
- Ritualer
- Einschulung
- Aussuladung
- soziale Volet am Plan d'Etudes verankeren
- Sensibiliséierung iwwer spezifescher Bedürfnisser
Wat feelt am Curriculum:
→ Selbstwahr. (wer bin ICH)
→ Emotionsregulation seelische Bed.
Eng Relatioun opbauen mei Fokus op sozial-emotionale Volet
wann PPI SSG fir Fokus ze setzen an der ganzer Betreiungséquipe

## Atelier C & D: Iwwergang an de Secondaire




EF ES
Talent vum Kand
Motivatioun
Hobby & Interessi sinn och ganz wichteg (vläicht méi)
Méi spéit opdeelen !
Format° Orientatioun fir Schoul-personal
Den ESG promouvéieren → et ass eng villfälteg Offer
Um Image schaffen vun ESG/ESC
EF ES
Dialog
ES Enseignant an der Prozédur (Rôle à déterminer)


En deen an den ESG oder d'VP kennt ass emmer deen deen et net an den ESC / ESG
'D'Angscht rofaerutschen op der Leeder'
↳ wat sinn deng d'Stäerkten?
D'Séparat ESC / ESG fänkt scho ganz fréi un.
VP ass extrem negativ ugesinn.
Fir mech als Schüler war et SCHLECHT STRESS
Vill Virurteeler ESC-ESG-VP

# 6. Ausbléck

Wann Dir Froen oder Ureegungen hutt, kontaktéiert eis via **www.curriculum.lu** oder schéckt eis eng E-Mail op **curriculum@script.lu**.

Mir freeën eis iwwer Ären Interessi un dësem spannende Prozess a sinn houfreg doriwwer, dëse Wee weiderhi mat Iech zesummen ze goen.

Mat beschte Gréiss

D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

Curriculum
Division SCRIPT

www.curriculum.lu

www.script.lu